



sions de CO₂ et sur le contenu en énergie d'un produit énergétique donné. Elle donne toutefois à considérer que l'assiette de taxation prévue est de nature à compliquer substantiellement la tâche de l'administration, en raison, notamment, de facteurs de conversion peu clairs. La commission parlementaire juge donc hautement utile que le niveau communautaire s'accorde sur une liste des nouveaux taux minimaux applicables aux différents produits énergétiques.

Par ailleurs, la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire constate que, conformément à la logique de la directive, la catégorie du diesel professionnel, prévue dans le cadre communautaire de taxation des produits énergétiques actuellement en vigueur, disparaîtra. Elle approuve ce choix tout en rappelant que le Luxembourg n'a jamais usé de son droit d'appliquer un taux professionnel plus avancé pour le diesel.

En ce qui concerne l'échéancier proposé pour l'adaptation de la taxation du gazole, la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire insiste sur la fixation d'un échéancier permettant une adaptation progressive de l'accise perçue sur le diesel.

Finalement, la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire exprime ses réserves non seulement quant aux taux proposés pour le diesel, mais également en ce qui concerne le taux positif proposé pour l'utilisation agricole du gazole et le mazout chauffage. En effet, en période de croissance économique molle et de chômage élevé, il paraît risqué de mener une politique de renchérissement du prix de l'énergie, facteur influant fortement le rendement de maintes activités économiques et représentant une part non négligeable des dépenses des ménages.

La Commission demande donc à ce que, dans ses modalités d'application, cette proposition de directive tienne compte de l'aspect „coût“ pour les entreprises et les ménages. Dans ce même ordre d'idées et de manière tout à fait générale, elle recommande vivement de prévoir une mise en œuvre progressive de ces adaptations fiscales, qui devra permettre aux assujettis d'ajuster de manière souple leur comportement énergétique.»

(s.) Alex Bodry, Fernand Boden, Claude Haagen, Lucien Lux, Marc Spautz.

Vote sur la résolution

Wien also mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wier déi Resolutioun dann ugehall. Ech leeden den Avis dann un déi zoustänneg europäesch Instanz weider.

3. 6299 - Proposition de loi modifiant

- la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration,

- la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État et

- la loi électorale du 18 février 2003

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 30. Juni huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi N°6299 iwwert de Changement d'administration, déi vun den Häre François Bausch, Xavier Bettel, Lucien Lux, Lucien Thiel a mir selwer de 27. Juni deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

4. Ordre du jour

D'Präsidentekonferenz schléit fir dës Woch folgenden Ordre du jour vir:

Haut de Mëtteg hu mer de Projet de loi 6023 iwwert de Gemengenaménagement, nom Modell 2.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi hält d'Chamber fir d'Éischt en neie Member op; duerno de Projet de loi 6238 iwwert d'Reorganisatioun vun der Chambre des Métiers, nom Basismodell; dann de Projet de loi 6171 iwwert d'Établissements classés, nom Modell 1, an dann d'Interpellatioun vum Här Camille Gira iwwert d'Waasserversuergung, och nom Modell 1.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da freet den Här Kartheiser d'Wuert, fir eng Motioun ze deponéieren.

5. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Ech wollt hei nach eng Kéier eng Motioun deponéieren, déi iwwert d'Situatioun am Moyen-Orient an Nordafrika geet. Mir haten déi an der aussepolitischer Kommissioun schonn eng Kéier diskutéiert. Et sinn eng Rei Kommentare vu verschiddene Parteie gemaach ginn. Ech hunn déi Motioun an deem Sënn komplettéiert, fir déi Kommentaren, déi gemaach goufen, mat opzehuelen.

Se betrëfft ënner anerem, an duerfir wär ech lech dankbar, Här President, wa se géif eenegermoosse séier zum Vote kommen, sief et dës Woch, sief et awer da spéitstens d'nächst Woch, well et sinn esou aktuell Problemer dran ugeschwat, wéi zum Beispill d'Ennerstëtzung vun der Chamber fir d'Aktioun, déi d'Regierung jo och a Libyen matféiert mat eisen aneren Alliéierten.

Ech soen dem Här Hoffmann vun deene Lénken ausdrécklech Merci fir seng Ennerschrëft och, déi e pour appui ginn huet. An ech däerf lech heimadder dës Motioun iwwerreechen.

Motion

La Chambre des Députés,

- rappelant ses motions et résolutions des dernières années appelant à une paix globale, juste et durable entre Israël et les Palestiniens, appelant en outre au respect de la sécurité d'Israël et la création d'un État palestinien viable et démocratique;

- saluant le mouvement populaire dans les pays arabes pour la démocratie et le respect des droits de l'Homme qui devrait également ouvrir de nouvelles perspectives pour la paix dans le conflit israélo-palestinien;

- profondément inquiète de la violence contre les minorités religieuses dans un grand nombre de pays dans la région et du non respect continu de la liberté de religion, notamment à l'encontre des Chrétiens, des Bahais et des Alaouites;

- indigné par la violation continue des droits de l'Homme dans quelques États de cette région y compris par des actes de torture et des exécutions capitales;

- inquiète de la non-application de la Convention sur l'élimination de toutes les formes de discrimination à l'égard des femmes;

- se félicitant de l'engagement de l'Alliance atlantique en Libye dans l'intérêt de la protection de la population civile;

- exprimant sa profonde inquiétude face à la situation dans certains pays arabes et, en particulier, en Syrie et au Yémen où les mouvements démocratiques sont actuellement cruellement réprimés par les Gouvernements en place;

invite le Gouvernement

1. à soutenir les mouvements démocratiques dans les pays islamiques et à faire valoir son influence auprès des Gouvernements syrien, yéménite et iranien pour qu'ils renoncent à la violence et afin de les faire incliner vers un dialogue pacifique avec l'opposition;

2. à continuer en particulier à soutenir l'action de l'Alliance atlantique en Libye conformément aux résolutions pertinentes du Conseil de Sécurité des Nations Unies;

3. à faire tout son possible pour soutenir le processus de paix au Moyen-Orient en demandant au Gouvernement israélien comme aux représentants palestiniens de reprendre au plus vite les négociations sur la base des propositions du Quartet;

4. à inviter l'Union européenne à soutenir généreusement les pays arabes en voie de transition démocratique, en particulier sur le plan économique, et à contribuer également à titre national à cet objectif;

5. à intervenir, à titre national et conjointement avec ses partenaires et alliés, auprès des Gouvernements des États où des Chrétiens ont été victimes de violence pour des raisons religieuses, afin qu'ils garantissent désormais la sécurité des populations chrétiennes et de leur clergé, comme également celle de toutes les autres minorités religieuses, et qu'ils s'engagent pour le respect plein et entier de la liberté religieuse.

(s.) Fernand Kartheiser, Jean Colomberg, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann.

► **M. le Président.-** Merci dem Här Kartheiser. Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 6023 iwwert de Gemengenaménagement. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Klein, Gira, Gibéryen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

6. 6023 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain et modifiant

1. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988,

2. la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales,

3. la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles,

4. la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau

Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Ali Kaes** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech brauch kengem heibannen, virun allem net de Kollege Buergermeeschteren, d'Envergure an d'Wichtegkeet vun dësem Projet de loi ze erklären.

Éier ech awer mäin Exposé vum neien Text ufänken, wëll ech ausdrécklech alle Memberen aus der Intérieurskommissioun e ganz grouesse Merci soen. Mir hunn iwwer Méint an e sëllege Sëtzungen um Text geschafft, bis an de leschten Detail dru gefeilt, an et waren déi ganzen Zäit iwwer gutt a konstruktiv Diskussiounen, an dat iwwert d'Parteigrenzen ewech, an enger ganz agréabler Aarbechtsatmosphär.

(Interruption et hilarité)

Dëst ass wuel ënner anerem awer och drop zrëckzeféieren, datt d'Memberen aus der Kommissioun all iergenden Amt um kommunale Plang ausüben oder ausgeübt hunn. Si wëssen also ganz genau, wat dëst Gesetz um Terrain heescht a wéi a wou et huet misse verbessert ginn, fir der Praxis besser ugepasst ze ginn.

Bon, da wëll ech awer och nach e ganz besonnesche Merci adresséieren un d'Madame Marianne Weycker, d'Sekretärin vun der Kommissioun, den Här Max Hengel vun der CSV-Fraktioun, d'Häre Cyrille Goedert an Arno van Rijswick aus dem Ministère, an zur gudder Lescht och un lech, Här Minister, fir Aert Versteesdemech an deene Situatiounen, wou d'Kommissioun net oder net grad ëmmer direkt mat lech averstane war.

D'Gesetz vun 2004, a besonnesch d'Philosophie hannendrun, waren u sech net schlecht, mä et hu sech am Laf vun de leschte siwe Joer an der Praxis e puer Problemer gestallt, an elo geet et drëm, dës Problemer ze behiewen. Ech mengen, ech wäert elo näischt virewechhuelen, wann ech soen, datt mer mam neien Text eng ganz Rei vu substanzuelle Verbesserungen aféieren, an dat nottamment am Beräich vun den Délaïen.

Et ass och wichteg, datt mer dësen Text nach virun der Sommervakanz stëmmen, well soss wieren all déi PAGen, déi nach nom 37er Gesetz fonctionnéieren, ab dem 8. August verfall, dat heescht, et géif ee sech integral an der Gréngzon befannen. D'Gemege kréien elo iwwert dëst Gesetz eng Verlängerung vun zwee Joer, fir hire PAG un dat 2004er Gesetz unzepassen. An Ausnahmefäll kann dës Frist dann ëm weider zwee Joer maximal verlängert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann, datt ech weider op de Projet de loi elo aginn. Well ech just gesot hunn, mir hätten eng sëllege Sëtzunge gehat, wëll ech da vollstännegkeetshallwer kuerz op d'Virgeschicht vum Projet agoen.

Den 30. März 2009 huet den Innenminister de Projet an der Chamber déposéiert. De 6. Abrëll ass vum Här Innenminister de Projet der Intérieurskommissioun - de 6. Abrëll 2009 war dat - virgestallt ginn. Mir kruten dunn dräi Avisen, engersäits dee vun der Chambre des Métiers, dee vun der Chambre de Commerce an och dee vum Syvicol.

Den éischten Avis vum Statsrot ass vum 23. März 2010. De 15. Abrëll 2010 sinn ech dunn zum Rapporteur vun der Kommissioun ernannt ginn. Tëschent Abrëll 2010 a Januar 2011 hate mer u sech net manner...

(Brouhaha)

► **M. le Président.-** Ech bieden lech, dem Här Kaes nozelauschteren! Et ass e ganz wichteg Gesetz!

► **Une voix.-** Très bien!

► **Une autre voix.-** Jo, très bien!

► **M. Ali Kaes** (CSV), rapporteur.- ...hate mer net manner wéi 21 Réuniounen, an deene mer den Text Artikel fir Artikel duerchgeholl hunn. Derniewent hate mer eng ganz Rei vun Entre vuë mam Syvicol, mam Klimabündnis, mat Gaart an Heem, mam OAI, mat dem Ordre vun de Geometeren an och mam Mouvement écologique.

De 27. Januar hu mer eng ganz Rei vun Amendementer ugehall. De 7. Juni huet de Statsrot säin Avis complémentaire ofginn. De 15. Juni ass dësen Avis vun der Kommissioun analyséiert ginn, a schlussendlech den 29. Juni huet d'Kommissioun de virleiende Rapport ugehall.

Dir gesitt, mir hunn eis vill Méi ginn, fir dësen Text gutt an am Detail ze behandelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer elo nach e kuerze Réckbléck op den Aménagement communal an den Développement urbain hei am Land.

Éier mer d'Gesetz vun 2004 haten, waren dës Domänen vum Gesetz vum 12. Juni 1937 regéiert, dat sech mam Aménagement vun de Stied an de gréisseren Agglomeratione befaast huet. Dësen Text war deemools d'Basisinstrument fir d'Politik vum Urbanismus hei am Land. Prinzipiell war festgehalen, datt d'Gemege responsabel wiere fir den Aménagement vun hirem Territoire, a fir d'éischte Kéier sinn déi kommunal Aménagementspläng agefouert ginn.

An der Zäit virun 1937 ass et awer kee spezifesch Gesetz ginn. Alles, wat den Urbanismus an d'Wunnraim hei am Land ugaangen ass, ass iwwert d'Gesetzter vun der Circulatioun an der Sécherheet op der Voirie publique geregelt ginn. Wat d'Haiser an den eenzelnen Dierfer ugaangen ass, sou war et jiddwerengem Einzelne ganz einfach iwwerlooss, wéi a wou en op sengem Territoire oder op senger Propriétéit eng Konstruktioun opgeriicht huet.

Duerch d'Reform vun 2004 ass d'Gesetz vun 1937 abrogéiert ginn. D'Grënn heifir louche ganz kloer op der Hand. Eppes, wat an den 30er Jore vläicht nach Sënn hat, konnt onméiglech nach den Ufuerderunge vum 21. Jorhonert gerecht ginn. Eis Bevölkerung ass gewuess, d'Dierfer an d'Stied si méi grouss ginn, de Verkéier ass explodéiert an esou weider. Et war also un der Zäit, fir sech dat néidegt Instrument ze ginn, fir eng modern Städteplanungspolitik ze maachen.

Do ass an de leschte Jore jo och ganz viles geschitt. A wann ech zum Beispill d'1999er Gesetz iwwert den Aménagement vum Territoire oder den IVL respektiv de Programme directeur vum Aménagement du Territoire soen, ech mengen, dann ass dat fir jiddwereen heibannen e Begrëff.

Duerch all déi nei Ufuerderunge war d'2004er Gesetz also néideg, fir dës fundamental Adaptatiounen durchzusetzen an nei Prinzipie festzehalen. War zum Beispill bis 2004 fir e Bauprojet d'Realisatioun vun engem PAP d'Ausnahm, sou ass et duerno d'Regel ginn.

Iwwregens, d'Gesetz vun 2004 ass schonn dräimol geännert ginn: Am Juli 2005 sinn, op Basis vun engem administrativen Uerteel, e puer Präzisiounen zu den Dispositions transitoires an d'Gesetz abruecht ginn; am Oktober 2008 duerch de Pacte Logement, deen d'Obligatioun vu Logementer à coût modéré bei PAPen iwwer engem Hektar agefouert huet; an am Dezember 2008 duerch d'Waasserkadergesetz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee groussen Deel vun den Ännerungen, déi mir am neien Text festhalen, hu jo zum Zil, eng administrativ Vereinfachung erbäizeféieren an eng besser Lisibilitéit vum Text ze garantéieren. D'Regierung, déi aus de Wahlen 2009 ervirgaang ass, war sech dëser Noutwendegkeet bewusst an huet dowéinst och am Regierungsprogramm ugekënnegt, am Kader vun der Simplification administrative d'Gesetz vun 2004 op de Leescht ze huelen.

D'Zil vum 2004er Gesetz war et jo, eng méi kohärent an eng besser strukturéiert Politik vum Aménagement communal ze maachen. Ech hat et scho gesot, am Laf vun der Zäit huet sech awer erausgestallt, datt den Text e puer schwéierfällg Prozedure mat sech bruecht huet. Et muss een awer och soen, datt d'Gesetz vun 2004 iwwerhaupt fir d'éischte Kéier emol



Délaie fir déi verschidde Prozeduren agefouert huet.

Och d'Tatsaach, dass aner Prozeduren aus dem Beräich vum Natur- an Ëmweltschutz, der Evaluatioun vun den Ëmweltpakter oder nach dem Kommodo-Inkommodo en Afloss op den Aménagement communal hunn, mécht d'Prozedure bäi Wäitem net méi einfach an zitt se doduerch och nach fatzeg an d'Längt.

Et soll awer op kee Fall heeschen, dass déi grad genannte Prozeduren net richteg a wichteg wieren. Et muss ee just kucken, fir dat Ganzt ganz einfach ze vereinfachen. Haaptzil ass et, déi sougenannte Charge administrative a virun allem d'Délaie fir eng Autorisatioun ze verkierzen.

Kuerz a knapp gesot huet d'Regierung zrëckbehalen, dass d'Prozeduren, fir e PAG an e PAP unzehuelen, muss vereinfacht ginn. Esou ass dann och virgesinn, dass d'Maximaldauer vun den Adoptiounsprozedure vun deenen zwee Pläng jo ëm bal d'Halschent gekierzt gëtt doduerch, dass e Parallelismus vun de Consultatiounen, dat heescht vun de kompetenten Ulaafstellen - Aménagementskommissioun, Ëmweltminister - an natierlech och dem Public agefouert ginn ass.

Am selwechte Sënn ass bei de PAPen déi dubel Reklamatiounsméiglechkeet ofgeschafft ginn, dat heescht, d'Méiglechkeet, fir géint de Vote vum Gemengerot beim Minister ze reklaméieren, ass gestrich ginn, sou dass déi Pläng elo direkt vum Minister kënnen approvéeiert ginn. D'Reklamatiounsméiglechkeet beim Schafferot virum Vote unique bleift awer bestoen.

Dëst ass doduerch ze erklären, dass jo e PAG, zesumme mam Schéma directeur, dee jo Partie intégrante vun der Étude préparatoire ass, schonn den Prinzip vun der Bebaubarkeet vun enger definéierter Zon an och déi grouss Linne vun der Orientation urbanistique festhält. D'Exekutioun vum PAP-Projet gëtt an engem eenzegem Dokument regroupéiert, dat dem Gemengerot an dem Minister fir d'Approbatoun virgeluecht gëtt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Revisioun vum Gesetz vun 2004 unzegoen, sinn déi verschidden Dispositiounen vum Text am Detail analyséiert ginn an och déi verschidde concernéiert politesch an ekonomesch Acteure sinn hei consultéiert ginn. Wann ech soen, politesch Acteuren, da sinn hei natierlech virun allem déi Gemengeresponsabel am Vierdergrond. Dierneft sinn evidententerweis och d'Bureaux d'études concernéiert, déi déi Pläng dann ausschaffen.

Dobäi huet sech erausgestallt, dass d'Koeffiziente vun der Flächennotzung an déi maximal Flächennotzung, déi an de PAG Versioun 2004 festgehalen ginn, keng verlässlech Parametere sinn, fir eng kohärent urbanistesche Entwécklung ze garantéieren an deene Quartieren, déi schonn urbaniséiert sinn.

Dës bestehend Quartiere bestinn oft aus onregelméisseg Parzellen an net homogene Bauten drop. Dat mécht natierlech op ganz ville Plazen den eenzegaartege Charme vun engem gudden Deel vun Dierfer an Uertschaften aus, déi sech iwwer honnerte vu Joren esou entwéckelt hunn. Wann een hei natierlech just déi virdru genannte Kritäre géif applizéieren, wier dat fir dës pittoresk Uertschaften ganz dramatesch, well dee ganze Cachet vun deenen Dierfer kéint ganz einfach zerstiéiert ginn.

Aus deem Grond gëtt an Zukunft entscheed tëschent dem sougenannten „Quartier existant“ an dem „Nouveau quartier“. Et muss ee wëssen, dass d'Quartiers existants sech dora kennzeechnen, dass se weinstens zu 50% bebaut sinn an déi öffentlech Infrastruktur quasi all realiséiert sinn. Déi scho bebauten Zone fallen also zukünftig, wéi ech et scho gesot hunn, ënnert de PAP Quartier existant. Dës PAPen, déi an enger gewëssener Weis den Artikel 27 ersetzen, ginn op Initiativ vun de Gemengen ausgeschafft.

Déi éischte Kéier ginn dës PAPen parallel mam Erneiere vun de 37er PAGen ausgeschafft, fir dass et hei net zu enger Blockad vun de Bauten an de Quartiers existants kéint. D'Limité vun dëse PAPen ginn an der Partie graphique vum PAG festgehalen.

E PAP Quartier existant besteet aus enger Partie écrite, déi d'Regele fir künfteg Bauten am Quartier existant klipp a kloer festleet, an och aus enger Partie graphique, falls de Baubestand am Quartier esou komplex ass, dass dat néideg ass, fir dat ganz kloer ze illustréieren. De Contenu vun der Partie écrite an och vun der eventueller Partie graphique gëtt per Règlement grand-ducal festgehalen.

A sengem Avis complémentaire hat de Statsrot d'Ophiewe vu senger Opposition formelle dovunner ofhängeg gemaach, dass de Contenu vun der Partie écrite a graphique via Règlement grand-ducal festgehalen gëtt, deen dann och esou nom Conseil d'État muss festhalen, weini eng Partie graphique u sech iwwerhaapt néideg ass.

Hei wëll ech awer soen, dass am leschte Moment nach e Corrigendum, no Récksprouch mam Statsrot, ze maachen ass, an zwar gëtt de Saz am Artikel 29 (1) vum Gesetz: «Le Plan d'aménagement „quartier existant“ se compose d'une partie écrite et d'une partie graphique.» gestrich. Effektiv, wann een dat vergläicht mat deem, wat ech elo virdru gesot hunn, dann ass do keng Kohärenz dran, well an deem Fall misst all Kéiers jo eng Partie graphique erstallt ginn.

Nach net erschlossen Terrainen an Zonen ënnerleien zukünftig dem PAP Nouveau quartier. Dës PAPen iwwerhuelen deelweis de Contenu vun de PAPen esou, wéi se am aktuelle Règlement grand-ducal vum 25. Oktober 2004 festgehalen sinn a bestinn aus engem schrëftlechen an engem grapheschen Deel. Dës PAPen exekutéieren a preziséieren d'Dispositiounen vum PAG a vum Schéma directeur fir déi Zonen, déi eben nach net bebaut goufen. An dës Quartiere spillen och d'Regele vun enger optimaler Notzung vum Buedem.

Här President, PAGen a PAPen ausschaffe verlaangt natierlech eng ganz grouss Fachkompetenz. Aus deem Grond hält d'Gesetz och fest, wien dës Pläng dierf ausschaffen. Zougelooss sinn hei Leit mat engem Universitätsdiplom, deen den Accès zum Beruff vum Urbanist an Aménageur erlaabt, esou wéi et vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 festgeluecht ass.

E wichtegen Aspekt vun deem Gesetz ass awer och, dass am Objektiv ënnert dem Punkt C vum Artikel 1 d'„utilisation rationnelle de l'énergie, des économies d'énergie et une utilisation des énergies renouvelables“ festgehalen gëtt. Mir hu relativ laang iwwert deen do Punkt diskutéiert a mir waren eis herno alleguerten eens, dat an där Form ëmzënnern. Dat erméiglecht de Gemengen, an Zukunft am Beräich vun der Energieversuergung e Lotisseur unzehalen, op niddreg Energie respektiv alternativ Energie zrëckzegräifen. Et gëtt och de Gemengen d'Méiglechkeet, sech méi wéi bis elo an alternativ Energien ze lancéieren.

Wichteg ass och nach ze ënnersträichen, dass déi nei Bautereglementer, déi keng dimensionell Prescriptiounen méi virschreiwen, nieft der Solidaritéit, der Salubritéit, der Sécherheet, der Commoditéit och d'Durabilitéit mussen virgesinn, zu där notament energietechnesch Punkte gehéieren.

E weidere wichteg Punkt ass déi nei Commission d'aménagement, déi sech elo nëmme méi aus fënnef Leit zesummesetzt, mat engem President an engem Vizepräsident. Hei gi véier Membere vum Innenminister genannt an ee Member vum Minister, deen den Aménagement du Territoire ënner sech huet. D'Commission d'aménagement befaasst sech an Zukunft haaptberufflech mat den Avisé vum de PAGen, während d'Cellule d'évaluation, déi sech aus dräi Leit vun deene fënnef aus der Commission d'aménagement zesummesetzt, d'Avisen zu de PAPen gëtt.

Wann zousätzlech Experte gebraucht ginn, kënnen d'Kommissioun oder d'Cellule sech dës jee no Bedarf erunzéien. Wann d'Kommissioun respektiv d'Cellule hiren Avis net bannent véier Méint ofginn hunn, da kann de Gemengerot zum Vote vun engem PAG kommen, ouni dass den Avis virläit.

Zum Artikel 10 vum Aménagement-communals-Gesetz sief nach ze soen, dass de PAG zesumme mat der Étude préparatoire, mam Rapport de présentation a mam Rapport iwwert d'Incidences environnementales dem Gemengerot virgeluecht gëtt, net fir en ze approvéeieren, mä fir duerch e Vote gréng Luucht ze ginn, fir d'Élaboration weiderzeféieren an d'Consultatiounsphas ze entameieren, dat alles am Sënn vun der internationaler Aarhus-Konventioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et géif nach ganz viles ze soen, mä fir all aner Adaptatiounen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, erlaabt mer awer nach zum Schluss e puer Wuert zu den Avisen, déi zu deem Projet de loi komm sinn. Ech limitéiere mech heibäi awer op déi Haaptiddien a verweisen lech fir d'Detailer un déi jeeweileg Documents parlementaires.

De Syvicol begréisst ganz kloer d'Initiativ, mécht sech awer eng ganz Rei vu Gedanken. Engersäits ass de Syvicol besuergt iwwert d'Autonomie communale, anersäits fënnt en et schued, dass elo e PAG net méi iwwer e PAP ka modifizéiert ginn, esou wéi dat am 37er Gesetz méiglech war.

Och d'Chambre des Métiers fënnt de Projet ganz sënnavoll am Hiblëck op d'Simplification administrative. D'Beruffschamber fënnt awer, dass een nach méi wäit hätt kënnen goen a puncto Reformen, well se mengt, dass et nach ze vill Blockade gëtt fir d'Aktivitéiten am Bauberäich.

Fir d'Chambre de Commerce ass d'Afféiere vun deenen zwee Type vu PAPen de richtige Schrëtt. Ähnlech wéi d'Chambre des Métiers ass och d'Handelskummer der Meenung, dass een nach méi hätt kënnen verbessern a reforméieren.

Ofschléissend e Wuert zum Statsrot. Op den éischten Avis hi vun der héijer Kierperschaft hu mir an der Kommissioun den Text ganz iwwerschaaft a mir hu ganz vill Iddiën vum Statsrot iwwerholl. A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot sech mat dem gréissten Deel vun eisen Amendementer averstane gewisen an hat just nach e puer Punkten unzemierken. Hei konnt d'Kommissioun awer jeeweils eng Lösung fannen, sou dass mer haut u sech iwwert de Projet kënnen ofstëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als ee vun deenen, deen all Dag mat deem Gesetz konfrontéiert ass, hoffen ech, dass mer all déi Bremsen an Onkloerheeten, déi bis elo bestanen hunn, aus dem Text erausgeholl hunn an dass domadder den Aménagement communal an Zukunft méi einfach gëtt. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschten a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Ali Kaes. Als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mat enger Bevölkerung, déi all Joer ëm 10.000 Unitéite wiisst, ass Lëtzebuerg dat Land an der EU mat deem stärksten demographesche Wuesstum. D'Demande u Wunnraum ass also enorm grouss. Dat ass awer net fir d'Offer am gläichen Ausmooss de Fall.

Ech brauch net ze widerhuelen, dass eist Land ee seriöse Wunnungsbauproblem huet. Et feelt un erschwénglech Wunnengen, et feelt u bezuelbaren Terrainen insgesamt. D'Regierung huet dës Problemer um Wunnungsbau verschlof.

D'Evolution an deene leschten 20 Joer huet eis gewisen, dass mer de Problem mussen wirtschaftlech ugoen, dass mer eng Steigerung vun der Offer brauchen, well - esou léiert et eis eng Basisregel vun der Economie -: „Alles, wat ze vill deier ass, ass och ze vill rar.“ Also mussen mer d'Offer an d'Luucht drécken, fir eisen heitegen Awunner an deene vu muer bezuelbar Terraine méi no ze bréngen.

Dës héich Präisser um Immobiliëmarché belaschte besonnesch déi jonk Leit a jonk Familljen am Land, deenen heiansdo soss kee Choix bleift, wéi de Wee an d'Grenzregioun, fir sech do eng Wunneng ze leeschten.

Fir d'Zil, dass mer zu engem méi bëllege Wunne kommen, ze erreechen, gëllt et de Problem vun den onendlech laange Prozedure bei der Erschließung vu Bauland ze léisen.

De Wunnungsbauminister schwätzt vun 840 Hektar, déi a kierzester Zäit solle valoriséiert ginn, wou ongeféier 12.000 Wunnengen kéinte gebaut ginn. Mir brauchen also ee Gesetz iwwert d'kommunal Bebauung, wat de Gemengen d'Méiglechkeet gëtt, deen doten Défi Meeschter ze ginn.

Och hunn d'Paradigmen an der Landesplanung sech geännert. Eisen Territoire ass definitiv net vergréisserbar, an duerfir mussen mir mat Beduecht a Verstand un déi Erausforderungen erugoen, déi sech am Beräich vun der Gestaltung vun eisen Dierfer an eise Stied stellen.

Kohärent Bauen ass ouni Zweifel haut eppes, wat gefrot ass, an de kontrolléierte Wuesstum muss och enger Rei vu Regeln ënnerworff ginn, besonnesch wat den Territoire ubelaangt.

Et gëllt och, dem Prinzip vum Développement durable ouni jeglech Konzessiounen Rechnung ze droen. Mir müssen haut vill méi op ökologesch Aspekter bei Lotissementer oppassen. D'Gesetzer verléieren hir Wierkung, wa se net mat deem richtigen an deem néidegen Esprit gesi ginn.

D'Gesetz vun 2004 war sécherlech ee Schratt no vir an der kohärenter Urbaniséierung. Bei der Émsetzung awer gouf et eng Hällewull vu Schwierigkeiten. Et waren d'Iwwergangsbestimmungen, déi staark kritiséiert goufen, eng Rei onprezis Formuléierungen am Gesetz wéi och an den Ausféierungsreglementer, déi Rechtsongesécherheet mat sech bruecht hunn, déi 25%-Klausel, weini muss e PAP gemaach

ginn, sou dass d'Gesetz net konnt ëmgesat ginn.

Et koom zu enger Rei vu Jurisprudenzen, déi deem kohärenten Urbanismus awer net onbedéngt Satisfaktioun ginn hunn. D'Gesetz gouf e puermol punktuell geännert. Et war awer séier kloer, dass dat kommunaalt Bebauungsgesetz ee Laangzäitchantier géif ginn.

Dëst Gesetz, wat mer haut virleien hunn, ass d'Resultat vun den Experienzen, déi an deene leschte Jore gemaach goufen. Et ass awer schonn déi véiert Modifikatioun, an esou wéi et ausgesäit wäert et och fir d'Zukunft eng éiweg Baustell bleiwen. Wien d'Zukunft awer wëllt gestalten, muss oppassen, dass en net am Stau stoe bleift. An et ass ze fäerten, dass mer mat deem Gesetz am Stau stoe bleiwen.

Här President, et ass richteg, dass allgemeng Prozedure méi einfach a méi kuerz ginn. Als Demokratesch Partei wëlle mer dat ausdrécklech begreissen. Dat ass zum gréissten Deel d'Resultat vu konstruktiven Avisen: een éischten, méi schaafen Avis vum Conseil d'État, een iwweraus konstruktiven Avis complémentaire, fundéiert Avisé vum de Beruffskummeren a vum Syvicol an, last but not least, vun engem konstruktiven Zesummeschaffen an där zoustänneger Kommissioun.

Luef an Unerkennung un all Bedeelegt aus der Regierung, fir déi flott Kooperatioun! Merci och dem Rapporteur fir säi präzise schrëftleche wéi och säin engagéierte mëndleche Rapport!

Här President, den Allëgement vun de Prozeduren ass awer net nëmme néideg, fir méi a virun allem méi séier Bauplazen op de Maart ze kréien. D'Verkierzung vu Prozeduren an d'Afféiere vu bindenden Délaïen ass awer och aus ekonomesche Grënn onerlässlech. D'Betriber hätte gäre Planungssecherheet, eng Planungssecherheet, déi och ee positiven Impakt op de Präis soll hunn.

Erlaabt mer hei aus dem Rapport vun 2009 vun der Commission spéciale «crise économique et financière» ze zitieren: «Les procédures administratives, qui se caractérisent en règle générale par une certaine lenteur et un manque d'efficacité correspondant, empêchent trop souvent la machine de tourner à fond et sont sources de pertes de temps, d'énergie et d'argent considérables.» An hei ass ëmmer erëm op eng dréngend Revisioun vum Gesetz vun 2004 higewise wéi och op de Respekt vun den Délaïen, wat d'PAGen an d'PAPen ubelaangt, vun de staatlechen Autoritéiten.

D'Chambre des Métiers schwätzt vun «procédures extrêmement complexes, longues, onéreuses et incertaines» a freet eng «simplification radicale». Eng Revisioun vum 2004er Gesetz ass och an allen anere Pabeieren a Punkten, fir d'Konjunktur ze stäipen, gefuerdert ginn.

Här President, et ginn also grouss Erwaardungen un dëst Gesetz gestallt. Erwaardungen, déi leider awer nëmme zum Deel erfëllt ginn. Et ass nämlech verfeelt ginn, alles, wat den Aménagement communal ubelaangt, ofzestëmmen. Sou hätte mir als Demokratesch Partei zum Beispill gäre gesinn, dass déi virgeschriwwen Prozedur vum Waassergesetz fir d'PAPen an d'Prozedur vum Aménagementsgesetz integréiert gi wier, anstatt dass all Gesetz seng eege Prozedur huet, mat eegene Reklamatiounsdelaien, mat eegenen administrativen a formalen Uspréchen.

Hei hätt eng Gläichschaltung ee reellen Zäitgewënn mat sech bruecht. An der Praxis huet sech nämlech erweisen, dass d'Reklamanten an deenen zwou Prozedure ganz of déiselwecht sinn, mat deeneselwechten Argumenten. Hei hätt ee kënnen Zäit an administrative Formalismus spueren.

De Statsrot hat a sengem Avis zum Waassergesetz schonn am Virfeld dorobber higewisen a geroden, alles, wat mat Aménagement communal vum Waassergesetz ze dinn huet, an d'Gesetz vum Aménagement communal dranzeschreiwen an esou eng wesentlech Erliichterung vun de Prozeduren ze erreechen: «L'ensemble des règles envisagées pêche par un excès de formalisme bureaucratique défavorable à une gestion flexible et aisée des obligations à assumer par le pouvoir local. C'est pourquoi le Conseil d'État recommande vivement de revoir les dispositions dans le sens d'un allègement du fardeau procédural dont les auteurs du projet de loi entendent charger les communes.»

Här President, d'Gesetzter mat den entspreche Prozedure sollen net nëmme verständlech si fir d'Fachleit, fir d'Juristen, fir d'Beamten, fir d'Technokraten, fir d'Gemengeresponsabel, mä virun allem och fir d'Bierger. Dësem demokratesche Grundsatz fille mir als Demokratesch Partei eis besonnesch verflücht. Wann een Avis public am Reider hänkt, ass et fir deen einfache Bierger schwéier, ze détectéieren, ëm wéi eng Prozedur et sech schlussendlech soll handelen.

Duerfir hätt ee sollen an eisen Aen eng eenzeg Prozedur virgesi fir Waasserautorisatioun an Ap-



probatioun PAP u sech. Dat wier eng reell Simplification administrative gewiescht, déi ee reellen Zäitgewënn mat sech bruecht hätt.

Och wann den Innenminister den Ament säin neit Gesetz iwwer den Aménagement communal lueft an ervirhieft, datt domadder d'Prozedursdélai vum engem PAP vun 18 op zéng Méint zrëckginn, vergësst hien awer ze ernimmen, datt hie verpasst huet, d'Prozeduren aus dem Waassergesetz an d'Aménagementsgesetz ze integréieren. Dës Prozeduren hänken nach ëmmer hanner engem PAP, sou datt mer nach ëmmer bei engem Minimum vun 18 Méint sinn, ier een eng Zill op déi aner baut.

Här President, ech hat virdu gesot, datt et ze fäerten ass, datt mer mat dësem Gesetz am Stau stoe bleiwen. D'Gemengen an d'Bureaux d'études waarde mat Schmäerzen op dëst Gesetz a si hunn d'Viraarbechten, fir d'PAGen ze erneieren, net virugedriwwen, bis dëst Gesetz do ass. Elo awer wäerte se d'Aarbecht net packen. Nei PAGen opstellen, PAp fir Quartiers existants opstellen, an dat fir d'Gemege quasi alleguer beieneen.

Loosse mer eis näischt virmaachen! Dat neit Gesetz kann nëmmen optimal fonctionnéieren, an dat war 2004 net anescht, wann déi respektiv Gemengen hire PAG ugepasst hunn. Ech brauch net drop hinzewiesen, datt bis elo, siwe Joer nom Gesetz, nach keng Handvoll Gemengen hire PAG nom 2004er Gesetz approuvéiert hunn.

(Interruption)

Awer och d'Cellule d'évaluation wäert am Stau, am Avisstau bleiwen. Et kann ee sech net virstellen, wéi se mat hirer ze klenger personeller Besetzung dës Erausforderung kënne meeschteren. Dat seet net nëmmen d'Demokratesch Partei, dat soen och d'Chambre des Métiers an den OAI an hire Positionen: «La Chambre des Métiers estime cependant qu'il renferme un risque de blocage de l'activité du secteur de la construction, et ce à deux niveaux différents. Blocage au niveau de la cellule d'évaluation et blocage au niveau de la commune.»

Et muss ee wierklech soen, datt d'Regierung net am Stau steet. D'Regierung ass de Stau!

(Interruption)

Här President, hei läit d'Responsabilitéit awer net nëmme beim Innenminister, mä besonnesch och beim Landesplanungsminister. Et gëtt ëmmer erëm op d'Plans sectoriels verwisen, déi nach net do sinn. Siwe Joer laang gëtt elo schonn en dëse Pläng erëmgedoktert, ouni datt mir e koordinéiert Konzept hunn. Eent vun den Objektiv vum Gesetz ass et, déi verschidde Planungsinstrumenter ze harmoniséieren an openeen ofzestëmmen, opgrond vun enger klorer a logescher Hierarchie.

Erlaabt mer hei, den heitegen Innenminister drun ze erënneren, wat en 2004 als mandatierte Spriecher vu senger Partei gesot huet: „Stat a Gemeinde müssen Hand an Hand schaffen. Dat Ganzt gëtt op Basis vun deenen aktuelle Gesetzgebunge koordinéiert, an hei, géif ech soen, muss op lokalem, regionalem an nationalem Niveau eng kohärent Wisselwierkung vun deene verschiddenen Instrumenter stattfannen. Et muss eng real Situatioun gekuckt ginn, déi déi sektoriell Komponente bréngt, déi d'Objektiver setzt an eng Hierarchie an deem Ganze mécht. Eng Hierarchie, déi esou ass, dass déi Elementer, déi den IVL duerstellen, d'Entwécklung vu Stad a Land, Transport, Telekomunikatioun, d'Ëmwelt an déi natierlech Ressourcen an engem globale Konzept ëmgëst ginn.“ Fin de citation.

Als Demokratesch Partei deele mir dës Approche. Mä haut, siwe Joer méi spéit, wësse mer nach ëmmer net, wat op engem bestëmmte m² een därer maachen, well d'Plans sectoriels fir deeselwechte m² verschidden an awer contraire Méiglechkeete virgesinn. Wann deen ee Plang virgesäit, op dësem m² muss d'Natur geschützt ginn, an deen anere Plang seet, op deemselwechte m² geet eng Strooss driwwer oder do soll ee Betrib sech kënne installéieren, dann ass de Fiasko virprogramméiert. Dann ass et schwéier, e wichtege Pion am Ganzen, déi kommunal Bebauungspläng ëmzesetzen.

D'Plans sectoriels huelen eng Schlüsselstellung am Ganzen an, an et hätt ee sech wierklech gewënscht, datt déi verschidde Pläng mam Akraafttriede vun dësem Gesetz um Dësch geléien hätten. An een, zwee oder ech weess net wéi vill Jore mussen d'Gemengen erëm frësch ufänken. Deen Duerjerneen hätte mir eis dës Kéier wierklech kënne spueren!

Här President, dat kommunalt Bebauungsgesetz ass par définition een immens technesch Gesetz an huet awer een extrem héijen Impakt op d'Liewe vun de Bierger. Et hätt ee sech duerfir e Gesetz gewënscht, wat laang Joren d'Strooss géif halen. Wann all puer Joer nei Prozedure kommen, nei Begrëffer definéiert ginn,

ass et fir de Bierger schwéier, sech erëmzefannen. 2004 waren et besonnesch d'Iwwergangsbestimmungen, déi eis vill Sueerge gemacht hunn, an dat wäert och elo net aneschtens sinn. Et wäert bei verschiddene Cas de figure schwéier sinn, erauszefannen, wéi eng Législatioun a Kraaft ass.

Als Demokratesch Partei hätte mir eis gewënscht, wann ee PAG pilote ausgeschafft gi wier, fir déi verschidden Zeenarien duerchze spillen. Am selwechte Gedankengang wier et sécherlech ubruecht gewiescht, d'Ausféierungsbestimmungen an dës Simulatiounen afléissen ze loosse. Op dës Manéier hätt een Inkohärenze kënne am Keim ausbigelen.

Ech fäerten, mir hunn elo ee Gesetz virun eis leien, wou vun Ufank u schonn de Wuerm dran ass. Ee Gesetz, dat net zu méi Rechtssécherheet wäert féieren, mä wou et, esou wéi gläich no 2004, eng Hällewull vu Prozesser wäert ginn. Modernen Urbanismus misst awer d'Saach vun den Urbanisten an Architekten sinn, an net vun den Affekoten!

De Minister wousst vun Ufank un, wéini dëst Gesetz rechtlech misst a Kraaft trieden: am August vun dësem Joer. Et war also eng vun de virdrénglechten Aufgaben, dës Echéance am A ze behalen. Wien awer zur rechter Zäit Zäit verschenkt, kënnt mat der Zäit béis ënner Zäitdrock.

Här President, ech hat et schonn ernimmt, viles hânt och vun deene ville groussherzogleche Reglementer of, där hiren definitiv genaue Contenu mer net kennen. Dës Reglementer sinn entscheidend, ob mer déi ambitiéis a villschichteg gesaten Ziler erreechen. Et wier ze wënschen, datt déi wierklech gutt Usätz am Gesetz vu Simplification administrative net duerch schwéierfällg an onnëtz Dispositiounen an de Reglementer futti gemacht ginn.

An der Öffentlechkeet ass schonn op eng Rei Onzoulänglechkeeten higewise ginn, déi da bei der Ëmsetzung Problemer kéinte mat sech bréngen. An duerfir wënsche mir eis, datt dës Reglementer an hirer Schlussversion nach eng Kéier mat allen Acteuren zesumme sollen duerchgekuckt an iwwerpréift ginn. Mir mussen hei den Duerch- an Iwwerbléck op allen Niveaue behalen. Et war, et ass an et bleift wichtig, datt zentral Elementer vu sektorielle Gesetzer, déi en Impakt op d'kommunal Gesetzgebung hunn, an dëse Reglementer integréiert bleiwe respektiv ginn.

Wann ee scho mam PAG en Instrument ausschafft, wat ee kohärenten Urbanismus soll erméiglechen, muss dëst Instrument och een Outil intégré sinn, mat alle relevanten Donnéeën beieneen. De PAG ass dat Handwierksgeschier, wou de Buergermeeschter oder Gemeengentechniker op deen éischte Bléck muss gesinn, wat op engem bestëmmte m² Saach ass.

Här President, eent vun den Haaptobjektiver vun dëser Modifikatioun war jo, fir en Dispositif ze fannen, fir eng Baugenehmung fir klenger Projete kënne ze erdeelen, ouni datt misst extra ee PAP gemacht ginn. Beim 2004er Gesetz war et net ëmmer kloer, wéini, wou an ënner wéi enge Konditiounen misst ee PAP gemacht ginn. Muss fir e Gardenhaischen, e Carport, en Ubau, e Wantergaart, eng Garage e PAP gemacht ginn?

Mat der Aféierung an der Festleeung vun de PAP Quartier existant kritt dëse Froefächer gréisstendeels eng zefriedend stehend Antwort. De PAP Quartier existant gëtt an enger erlichterter Prozedur op Initiativ vun der Gemeng zesumme mam PAG opgestallt a kann op Initiativ vun de Propriétaires ëmgeännert a modifizéiert ginn.

An der Praxis wäert et hei sécherlech Interpretatiounsschwieregkeete ginn, wou de Quartier existant ophält a wou de Quartier nouveau ufänkt. Am städtesche Raum wäert hei d'Façon de voir aneschtens si wéi am ländleche Raum. An der Stad sinn déi grouss Wunnquartieren een eenzege PAP Quartier existant. Um Land gëllt et, an de Quartiers existants d'Regelen esou ze bündelen, fir al Bausubstanz, déi grouss Bauvolumé vun eidel stoende Bauerenhäff a Wunnraum ëmzefonctionnéieren, ouni déi bestehend wäertvoll Architektur ze verletzen. Hei muss mer éischt Erfahrungen ofwaarden, fir definitiv Konklusiounen ze zéien. Dës Neierung geet awer sonner Zweifel an déi richteg Richtung.

Doriwwer eraus bleiwen a bestëmmte Fäll awer Interpretatiounsschwieregkeeten, ob ee PAP oder net muss gemacht ginn. Et ass absolut luewenswäert, datt de PAP Quartier existant enger vereinfachter Prozedur ënnerworfen ass. Et ass dëst eng immens grouss Verbesserung.

Här President, deen anere Punkt, deen no 2004 fir vill Diskussiounen an uschlëssende Gerichtsaffäre gefouert huet, ass dee vum Pourcentage, deen ofgetruede muss gi fir öffentlech Infrastrukturen. Duerch d'Distinctionen tëschent „quartier existant“ an „quartier nouveau“ gëtt

hei scho viles méi kloer. Dee Kompromëss, dee fonnt ginn ass, dréit deene gréisste Bedenke Rechnung a fënn och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Mat enger Cessioun vun Terrain bis zu 40%, wéi se am initiale Regierungsprojet virgesi war, hätt d'Demokratesch Partei e Problem gehat, well dat, esou wéi de Statsrot sech ausgedréckt hat, enger „expropriation cachée“ gläichkomm wier. Déi zrëckbehalte Formulatioun léisst genuch Spillraum, fir urbanistescht gutt Léisungen am géigesäitegen Averstännis erbäizeféieren.

Här President, ee weidere Punkt, deen Opmierksamkeet verdéngt, ass dee vun der Qualifikatioun fir kënne ee PAG oder ee PAP, souwuel „quartier existant“ oder och „quartier nouveau“, opstellen. Hei muss mer leider feststellen, datt hei net glécklech légiféiert gëtt, well mer verschidde Vuen iwwer Stage an net Stage an dësem Gesetz an am Projet iwwert d'Néierloossungsrecht hunn.

Och gëllt et op en Neits ee Blocage am Bausecteur wéinst enger reduzéierter Unzuel vu qualifizéierte Büroen ze évitéieren. Souwuel de Statsrot, «qu'un nombre suffisant de personnes qualifiées soit disponible pour répondre aux tâches qui leur sont confiées», wéi och d'Chambre des Métiers, «la Chambre est d'avis qu'il faudra disposer d'une masse critique de personnes détenant les qualifications requises pour éviter des goulets d'étranglement au niveau des procédures», hunn op dës Gefor higewise.

Et geet an dësem Punkt awer ëm méi. Mir mussen hei zu Lëtzebuerg oppassen, datt den Urbanismus net nëmmen an den Hänn vun e puer Einzelne läit. Dat wier a méifacher Hisiicht net gutt. D'Qualitéit géif och dorënner leiden. Keen huet an dësem Domän d'Wourecht gepacht! Dat gëllt och fir déi staatlech Kommissioun oder déi enzel Beamten aus de verschiddene Statsservicer. Mir mussen oppassen, datt net ze vill doctrinéiert gëtt op ee Schema, wou ee Büro oder eng Equipe am Ministère hire Stempel ze vill opdréckt.

Wat ass de Rôle vun der staatlecher Kommissioun? Kontrolléiere se d'Anhale vun de Gesetzer oder kontrolléiere se d'Gestaltung? Am Moment ass et éischter esou, datt se e bëssen d'Gesetzer kontrolléieren a si schwätze vill an d'Gestaltung eran. De perfekte Plang ass ëmmer ganz einfach, heescht et: Einfach Bebauungspläng si Pläng, déi d'Viraussetzunge vun engem qualifizéierten a qualitative Plang erfüllen. Si regelen d'Bebauung awer grondsätzlech net bis op dee leschten Detail a loosse eng gewësse Gestaltungsfräiheet.

De Contrôle, wuelverstanen, ass néideg, awer net nëmmen, wat Urbanismus an Architektur ubelaangt. Fir d'Qualitéit ze garantéieren, besonnesch am Energeteschen, brauch ee Leit, déi dat Ganzt kontrolléieren. Beispill hei: d'Wärmeschutzveruerdnungen. Wann déi vun engem Architect oder engem Ingenieur erstallt ginn, muss och duerno een de Suivi vun deem Dossier maachen. Och hei brauche mer e Mentalitéitswandel.

Här President, vu datt et sech hei wierklech ëm eng ganz komplex Matière handelt, muss natierlech awer och eng adequat Informatiounspolitik gemacht ginn. Ech denken hei virun allem un de Bierger dobaussen. De Bierger, dee vill Problemer huet - an dat ass och licht nozevollzéien -, fir duerch déi vill Prozeduren a Virschrëften duerchzekucken.

Och dat ass net péjoratif gemengt. Mir hunn eben eng ganz komplex Législatioun a ganz ville Beräicher, a mir wësse jo och, besonnesch als Kommunalpolitiker, datt vill Décisiounen, déi vu Gemengerëit geholl gi sinn, besonnesch wann et sech elo ëm méi schwéierfällg Prozeduren handelt, der Öffentlechkeet ze engem groussen Deel net bekannt sinn. Duerfir mussen also nach weider Ustrengunge vu Gemengesäit a vu staatlecher Säit gemacht ginn, fir d'Bierger optimal ze informéieren.

Här President, d'Demokratesch Partei ka sech mat villen Neierunge vun dësem Gesetz identifizéieren, kann dësem Gesetz seng Zoustëmmung awer net ginn, well et ee Gesetz vun de verpasste Chancen ass. An dësem Gesetz feelt de Katalysator, fir kuerzfristeg méi erschlossend Bauland op de Maart ze bréngen a fir d'Ziler vun enger nohalteger Entwécklung am Urbanismus sécherzestellen. Den Innenminister huet et net fäerdeg bruecht, ee Ruck an dëse Politikberäich ze bréngen. An och am Gesetz feelt de Ruck, fir der Bebauungspolitik e qualitative Sprong no vir ze ginn. Schued, wierklech schued!

D'Gesetz vun 2004 ass ni richteg aus de Startbléck erauskomm, an et ass ze fäerten, datt et dësem Gesetz, aus all deenen Ursaachen, déi ech virdrun dévëloppéiert hunn, d'selwecht geet. Et ass jiddefalls kee Gesetz, dat et den Awunner hei zu Lëtzebuerg méi einfach mécht, fir hei zu Lëtzebuerg ze wunnen. Et ass kee Ge-

setz, wat den Accès zu enger bezuelbarer Bauplaz garantéiert. Wéinst dem administrativen a prozeduralen Stau muss mer hei zu Lëtzebuerg oppassen, datt mer net geschwënn am Stau wunnen!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix. - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Jemmy Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif virop dem Här Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport Merci soen. Eier ech op d'Detailer vum Projet de loi aginn, dee mer haut virleien hunn, wëllt ech kuerz zrëckblécken op d'Evolution vum Gesetz iwwert den Aménagement communal.

Fréier hate mer d'Gesetz vun 1937 iwwert den Aménagement des villes et autres agglomérations importantes. An deene bal 70 Joer, wou et a Kraaft war, ass et ganz seele geännert ginn, an zwar véiermol; Modifikatiounen, déi net vu grousser Envergure waren.

Dat ass net esou beim Gesetz iwwert den Aménagement communal vun 2004. Bei all deenen Diskussiounen a Verännerungen, déi mer bis elo zu deem Gesetz haten, vergësst een heiansdo, sech ze froen, firwat mer d'Gesetz vun 1937 iwwerhaapt duerch en neit Gesetz ersat hunn. Ech wëll drun erënneren, dass 2004 mir als Fraktioun dat Gesetz iwwert den Aménagement communal net gestëmmt haten. Mir haten eis dobäi enthalen.

D'Praktiker an der Verwaltung, an der Juristerei bezeien, dass d'1937er Gesetz kee schlecht Gesetz war, au contraire, e gutt Gesetz, an dass et seng Prouf bestanen hat. Dat Gesetz hätt ee kënne verbesseren a bäibehalen, andeems dass een d'Jurisprudenz mat aflësse gelooss hätt. Et hätt een et och missen un déi heiteg urbanistescht Ufuerderungen upassen, andeems dass een de Geescht vum aktuelle Gesetz erabruecht hätt. Dat ass awer ze spéit!

A wann ee scho gemengt huet, missen 1937 aus dem Wee ze raumen, wier dem Statsrot seng Proposition vum 14. Juli 2000 eng Iwwerleeung wäert gewiescht, fir een eenzege legale Kader ze schaffen, an deem all Instrumenter a Prozedure festgehalen wieren, déi d'Planifikatioun an den Aménagement du Territoire géife betreffen. Dat laut dem Beispill vun der Belsch.

Zil ass a bleibt et, eng harmonesch Stad- a Mengenentwicklung ze garantéieren an trotz intensive Bauaktivitéiten d'Landschaft net ze zersiedelen. Mir wëlle besser plangen, fir dass de staarke Wuesstum vun der Bevëlkerung, dee mer an deene leschte Jorzénge kannt hunn, esou mann wéi méiglech zu Laaschte vum Ëmwelt- a Landschaftsschutz geet. An dëser Hisiicht goufen an der Vergaangenheet heiansdo - aus kuerzsiichtegen Interessen eraus - Feeler gemacht, déi een haut net méi ka réckgäנגig maachen.

Mir wollten dofir e Gesetz mat méi Contrainten, fir esou Feeler an Zukunft ze verhënneren. Gläichzäiteg wollte mer e Gesetz, dat de Prinzip vum der Aarhus-Konvention gerecht gëtt an e bessert Matbestëmmungsrecht vun de Bierger an der Décisionsprozedur garantéiert.

Et ass tatsächlech net esou einfach, dës Objektiv verbindelech an engem Gesetz festzeschreien, ouni laang a komplizéiert Prozeduren ze kréien, déi och nach licht ugäifbar si fir Leit, déi grondsätzlech géint e Projet sinn. Mir hunn also op där enger Säit Prozeduren, déi sech iwwer Méint a Jore kënne hinzéien, a gläichzäiteg e gesetzleche Kader, dee sech dauernd verännert, well mer schrëttweis ëmmer méi Aspekter an der Planung wëlle berücksichtigen.

Während mir dat Gesetz vun 2004 déi éischte Kéier am Joer 2005 opgrond vu prakteschen Erfahrungen geännert hunn, waren et 2008 de Pacte Logement an d'Waassergesetz, déi eng Modifikatioun néideg gemacht hunn. Iwwerschnéidungen an der Prozedur gouf et zousätzlech mat neie Bestëmmunge beim Naturschutz am Joer 2007. De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, soll d'Kohärenz tëschent deene verschiddenen Texter verbesseren an d'Prozedure vereinfachen a méi transparent maachen.

Ausserdeem muss mer mat dësem Gesetzesprojet nach eemol d'Frist verlängeren, déi d'Gemengen hunn, fir en neie PAG auszuschaffen. Et ass jo net zulescht deene vill Modifikatiounen vum Gesetz vun 2004 ze verdanken, dass bis elo esou weineg Gemengen e PAG no



deem neie Modell hunn. Och wa si bis spéits-tens 2013 alleguer en neie PAG mussen hunn, esou wéi et elo virgesinn ass, mussen mer eis wuel dru gewinnen, dass et ëmmer erëm zu Ännerunge kënn, no deenen d'Gemengen hir Pläng erëm mussen änneren.

Dat gëllt zum Beispill fir déi nei Plans sectoriels, déi e seriösen Impact wäerten hunn, wa se eng Kéier a Kraaft trieden. Och eventuell de Klimapakt, deen elo soll mat de Gemenge geschloss ginn, ka Modifikatiounen bedéngen.

Wa mer wëllen, dass d'Gemenge sech regel-méisseg un nei Entwécklungen upassen, mussen mer d'Prozedure méi kuerz a méi einfach maachen. Dat hu mer an dësem Projet versicht. Den Aménagement communal ass a bleift weider ausschliesslech an der Responsabilitéit, an der Kompetenz vun de Gemengen.

Am Géigesaz zu deem initiale Gesetzesprojekt ass de Minister net bedeelegt um Ausschaffe vun de kommunale Pläng. Hien iwwerpréift, wéi bis elo, um Enn vun der Prozedur, ob all legal Bestëmmungen agehale goufen, a gëtt doropshi seng Approbatioun oder net. En ass nëmmen habilitéiert, fir e Contrôle de légalité ze maachen, ob den Aménagement communal konform ass zum Gesetz, wat elo modifizéiert gëtt, oder zu anere legalen Instrumenter, wéi zum Beispill d'Gesetz vun 1999 iwwert den Aménagement du Territoire oder d'Plans sectoriels, déi en vigueur sinn. Et ass kee Contrôle d'opportunité. Et ass also keng Atteinte op d'Autonomie communale, an an deem Sënn ass och déi berechtigt Kritik vum Syvicol berücksichtig ginn.

An deem Kontext ass d'Reorganisatioun vun der Commission d'aménagement, déi elo eng Cellule d'évaluation derbäikritt, fir d'PAPen ze aviséieren, e Schrëtt an déi richteg Richtung. D'Gemenge behalen hir Autonomie, kënnen an Zukunft awer hoffentlech méi schnell en Avis kréien, deen op all wichteg Problemer oder Froen ageet. An der Commission d'aménagement wäert eng besser Koordinatioun iwwert d'Kompetenze vu verschiddene Ministèren eraus méiglech sinn, an d'Schafe vun enger Cellule d'évaluation erméiglecht et, méi schnell en Avis zu engem Projet vu PAP ze kréien.

E wichtegt Element vun dësem Gesetzesprojekt ass jo de Versuch, verbindlech a kohärent Délaien anzesetzen, déi zesummegeholl dozou féieren, dass d'Prozedure méi kuerz ginn. D'Schemaen, déi am Rapport opgezeechent sinn, loosse den Verkierzung virausgesinn. Soulaang déi wichteg Plans sectoriels, déi am Moment a Form vun Avant-projet virleien, nach net a Kraaft sinn, soll d'Commission d'aménagement ënner anerem d'Gemengen esou beroden, dass net scho Faité geschaf ginn, déi dësen iwwerregionale Pläng virgräifen an interessant Optiounen ausschalten.

Nei ass an deem Kontext d'Méiglechkeet, fir provisoresche Parkraum ze schafen. Hei kann eng Gemeng eng Genehmegung ginn, fir provisoresche Parkraum ze schafen, déi nëmmen eng begrenzten Zäit gëllt. Dat ass am Kader vum Parkraummanagement ze gesinn, wou d'Zuel vun de Parkplaze limitéiert gëtt, wann Alternativen zum individuellen Transport do sinn. Au fur et à mesure wou de Plan sectoriel «Transports» a Kraaft trëtt an ëmgesat gëtt respektiv wou d'Projeten zum öffentliche Transport do sinn. Am fur et à mesure wou de Plan sectoriel «Transports» a Kraaft trëtt an ëmgesat gëtt respektiv wou d'Projeten zum öffentlichen Transport do sinn. Am fur et à mesure wou de Plan sectoriel «Transports» a Kraaft trëtt an ëmgesat gëtt respektiv wou d'Projeten zum öffentlichen Transport do sinn.

D'Gesetz regelt net nëmmen d'Relatioun tëschent Stat a Gemengen, mä och d'Aart a Weis, wéi d'Gemengen hir Bierger informéieren a consultéieren mussen, wa se en neie PAG oder PAP ausschaffen. Et war eng Suerg vun eiser Fraktioun, dass d'Verkierzung vun de Prozeduren net zu Laaschte vun dem Recht vun de Bierger sollt goen, déi sech wëllen informéieren a Stellung zu engem Projet huelen. Mir begreissen et och, dass beim Ausschaffe vun engem PAG, no engem Amendement vun der Chamberskommissioun, weider all interesséiert Bierger kënnen hir Reklamatiounen eraginn, an dass dat net - wéi am initiale Projet virgesinn - limitéiert gëtt op Persounen, déi en direkten, perséinlechen a gesécheren Intérêt hunn.

Op deene meeschte Punkten handelt et sech bei dësem Projet de loi ëm eng Konsolidatioun vun deem Bestehenden. Et gëtt awer och e puer nei Elementer. Dozou gehéiert, dass Froeronderëm d'Energieeffizienz ausdrécklech mat an de Gesetzestext komm sinn. Dat fällt zesumme mat der Propos, fir e Klimapakt tëschent dem Stat an de Gemengen ofzeschléissen. De Stat erkennt domat, dass d'Ge-

mengen e wichtegen Acteur sinn a beim Klimaschutz eng Virreideroll spillen an Iddien entwéckele kënnen, déi spéider vun aneren iwwerholl ginn.

Nei ass do dernieft de Begrëff vun den „quartiers existants“. Dësen neie Konzept gëtt méi Rechtssécherheet wéi deen aktuellen Artikel 27, no deem d'Gemeng selwer muss décidéieren, ob e PAG muss gemaach ginn oder net, an domat eng Décisioun hält, déi ufechtbar ass. An enger éischter Etapp ass dat méi Aarbecht. Wann den neie PAG zesumme mat de PAPen „quartiers existants“ awer bis gemaach ass, huet een eng verlässlech Basis, fir Baugenehmegunge kënnen ze ginn.

Manner zefridde stellend gouf - an den Ae vun der LSAP - de Problem ronderëm d'Berufssbezeichnung vum Urbanist an Aménageur geleist. An där Fro, wien dann elo dierf e PAG oder e PAP ausschaffen, gouf et zënter 2004 jo schonn e puer Modifikatiounen. D'Zil, dat mer wëllen erreechen, ass dobäi kloer an einfach ze verstoen. Et soll engersäits eng gutt Qualitéit vun de Projekte fir e PAG oder e PAP garantéiert ginn, fir dass dës Projeten ouni ze vill Modifikatiounen kënnen duerch d'Prozedur goen. Dat setzt viraus, dass se vu Leit ausgeschafft ginn, déi kompetent sinn.

Anerersäits mussen mer sécherstellen, dass et genuch Leit gëtt, fir déi Aufgaben ze erfëllen, déi mer iwwert d'Gesetz obligatoresch a mat engem Zäitlimit festleeën. Wa mer de Gemenge vorschreiwen, dass si bannent enger bestëmmter Frist hir PAGe mussen erneieren, mussen genuch Professioneller do sinn, fir dës Demande kënnen Rechnung ze droen.

Mir verlängeren den Délai, deen am Prinzip scho virun engem knappe Joer ofgelaf ass, elo nach eemol bis den August 2013. Et bleift awer, dass am Iwwergank vum Regime vun 1937 op dee vum Gesetz vun 2004 an engem relativ kuerzen Zäitraum ganz vill Aarbecht muss geleescht ginn! Mat dem Projet de loi, deen eis hei virliift, schränke mer de Krees vu Leit erëm an, déi dës Aarbecht maache kënnen, par rapport zu den aktuelle Bestëmmungen.

De Statsrot hat a sengem Avis vum Mäerz 2010 d'Fro opgeworf, ob et duerno nach genuch kompetent Leit um Marché géif ginn, fir dass d'Gemengen hire Verplichtungen ouni Problemer kéinten nokommen. D'Membere vun der Commissioun waren der Meenung, dass dat misst méiglech sinn, wann een Iwwergangsbestëmmunge géif virgesi fir all déi Gemengen, déi amgaang sinn, hire PAG ze iwwerschaffen.

Dat ass esou am Gesetzesprojekt festgehalen ginn, esou dass déi méi restriktiv Definitioun just fir nei Projekte gëllt. Woubäi jo domat ze rechnen ass, dass d'Zuel dovunner erofgeet, nodeem dass all Gemeng e PAG no deem neie Modell huet.

Esou vill zum Prinzip an zu den Absichte vun der Commissioun a vun den Auteurs vum Projet de loi.

Ëmgesat ginn ass d'Zil, fir genuch a gläichzäitig gutt qualifizéiert Urbanisten anzesetzen, iwwert d'Definitioun vun enger neier Berufsgrupp. Den initiale Projet de loi, deen den 30. Mäerz 2009 déposéiert gouf, huet an dësem Sënn eng Modifikatioun virgesi vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert den Accès zu de Beruffer vum Handwierker, Commerçant, Industriellen an zu anere liberale Beruffer. Et gouf eng nei Berufsgrupp vun Urbanisten an Aménageuren definéiert, déi e Master an dëse Beräicher mussen nowiesen an zousätzlech sollten e Stage maachen, ënnert der Form vun engem Joer Berufspraxis ënnert der Opsicht vun engem erfuerene Professionellen.

A sengem Avis vum 23. Mäerz 2010 war de Statsrot mat dëser Dispositioun d'accord, huet awer net agesinn, firwat dës Leit missten e Stage maachen, a proposéiert dësen ewechze-loossen. Dat huet d'Commissioun am Kader vun hiren Amendementen am Februar dëst Joer gemaach.

De Problem ass deen, dass an der Tëschenzäit - an zwar den 8. Juli 2010, fir genau ze sinn - d'Mëttelstandsministesch en anere Projet de loi déposéiert huet, deen d'Gesetz vun 1988 ofschaaft an duerch en neien Text ersetzt. Och an dësem neien Text gëtt et eng Definitioun vum Urbanist an Aménageur. Allerdéngs ass déi net ganz deckungsgläich mat där aus dem Projet de loi iwwert den Aménagement communal. Während d'Intérieurskommissioun, no der Recommandatioun vum Statsrot, déi eejähreg Berufspraxis ofgeschaaft huet, gëtt eng zweejähreg Berufspraxis iwwert deen anere Projet de loi erëm agefouert.

Hei hätt et um Niveau vun der Regierung onbedéngt missen eng besser Koordinatioun ginn, fir eng eenheetlech Definitioun a béide Projeten ze kréien! Am Resultat bedeit dat, dass mer haut e Projet stëmmen, laut deem en Urbanist, en Aménageur oder säin Équivalent

keng Berufspraxis muss virweisen. Duerno wäerte mer hei an der Chamber e Projet stëmmen, deen d'Obligatioun vun enger zweejähreger Berufspraxis aféiert. Dat ass keng zefridde stellend Situatioun!

Kloerheet ass och an der Commissioun geschaf ginn, wat d'Engagement vun engem Urbanist oder engem Aménageur an enger Gemeng, déi nach keen huet, vun iwwer 10.000 Awunner ubelaangt. Fir déi Gemengen ass deen Engagement eng Obligatioun. Et ass allerdéngs, laut dem Commentaire vun deem Artikel, net noutwendig, dass dee Professionelle muss à plein temps agestellt ginn. E kann och à temps partiel agestellt ginn, wéi gesot laut dem Commentaire vum betreffenden Artikel. Et ass net evident, dass am Sträitfall dat dem Richter duergeet, dass et nëmmen am Commentaire zum Artikel steet.

De Projet de loi, ëm deen et haut geet, huet eng ganz Rei vu positiven Aspekter, déi hoffentlech dozou bäidroen, dass mer an absehbare Zäit an alle Gemenge modern PAGen hunn, dass d'Quartiers existants esou ausgewise sinn, wéi mer eis dat haut virstellen, an dass nei PAPe kënnen gemaach ginn, ouni dass laang Zäit verluer geet.

Wa mer déi Iwwergangsphas hannerun eis hunn, sollt et méiglech sinn, schnell an op eng transparent Manéier Baugenehmegungen ze ginn. A virun allem hoffen ech, dass mer bis dohin eisen Ziler an der Landesplanung, am Natur- an am Landschaftsschutz e gutt Stéck méi no komm sinn.

Dëst sinn nëmmen Modifikatiounen vun engem Deel vum Gesetz, deen Deel, wou mer bis elo praktesch Expérience domat gemaach hunn. Also si mer nach net um Enn vum Tunnel a wëssen net, wat an Zukunft nach vu weidere Modifikatiounen sech opdrängt.

Ëmmerhi muss ee sech froen, wéi an Zukunft duerch d'Séparation des compétences ee Ministère deem aneren am Wee steet, wat verhéinert, fir an der Bebauung a rasonablen Délaie weiderzkommen. Ech denken do besonnesch un d'Naturschutzgesetz an un d'Waassergesetz. Wann déi an der Praxis eng Brems géifen duerstellen, wier dat sécherlech net am Interessi vun den Acteuren, déi dëst neit Gesetz ëmsetze sollen; an och net am Interessi vun deenen, déi solle lotisséieren, bauen; an net am Interessi vum Bausecteur.

Hoffentlech erschwéieren d'Règlements grand-ducaux d'Prozeduren net, mä dass d'Ausféierungsbestëmmungen am Sënn vun dësem Gesetz sinn, wat d'Simplification administrative an d'Kierzung vun den Délaien ubelaangt. Well trotz allem dëse Projet de loi punktuell Verbesserungen am Aménagement communal enthält, ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun dozou.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem honorablen Här Jean-Pierre Klein. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng bleiwen derbäi, d'Gesetz vun 2004 war an ass e gutt Gesetz. E gutt Gesetz fir all déi, déi eng nohalteg Entwécklung vun eisen Dierfer a Stied wëlle garantéieren; fir déi, déi eng Banalisierung vun eisen Uertschafte wëlle verhéinnen; fir déi, déi d'Wuessen an hire Gemenge wëlle selwer steieren; fir déi Leit, déi der Meenung sinn, dass Privatbesëtzer net nëmmen Rechter, mä och Flichte mat sech bréngt; fir déi, déi och déi un de Käschte wëlle bedeelegen, déi sech eng gellen Nues mat Bautorainen amgaang sinn ze verdéngen an deem Land hei; fir déi, déi d'Bierger an d'Biergerinnen aus enger Gemeng och wëllen un der Gestaltung bedeelege vun deem Ëmfeld, wou déi Leit schlussendlech décidéiert hu wunnen ze goen. Ech mengen, dat ass dat Normaalst vun der Welt, dass se dann och kënnen matschwätzen, wéi hir Uertschaft, wou se dann elo wunnen, sech entwéckelt. A virun allem ass dat Gesetz vun 2004 e gutt Gesetz fir déi Leit, déi d'Gesetz vun 1937 och scho konsequent applizéiert hunn.

D'Gesetz vun 2004 ass natierlech e schlecht Gesetz fir déi, déi am léifsten, wat den Aménagement communal ubelaangt, Gottes Waasser iwwer Gottes Land lafe loosse; fir déi, déi de Promoteuren d'Feld iwwerloossen; fir déi Promoteuren, déi just een Zil hunn, séier räich ginn; fir déi Architekten, deenen d'Zuel vun hire Projekte méi wichteg ass wéi d'Qualitéit vun deem, wat se an eis Landschaft an eis Dierfer setzen. An et ass e schlecht Gesetz fir déi, bei deenen d'Propriété privée iwwer alles steet. Et ass e schlecht Gesetz fir all déi, déi all kritesche Bierger als NIMBY tituléieren. An et ass natierlech e schlecht Gesetz fir all déi, déi schonn d'37er Gesetz während Joren a Jorzéngten net korrekt ugewannt hunn.

An all déi Lobbyen, déi ech elo grad hei erwähnt hunn, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, hu profitéiert vun enger Rei Ëmsetzungsproblemer, déi natierlech, no esou engem qualitative Sprong no 70 Joer, virauszugeset waren - an déi hate mir och virausgesot; mir haten eis awer duerchgerongen, dat Gesetz ze stëmmen -, mä déi Lobbyen hu vun deenen Ëmsetzungsproblemer profitéiert, fir Drock ze maachen op allen Niveauen, fir eng ganz Rei positiv Errungenschaften aus deem Gesetz vun 2004 esou séier wéi méiglech erëm réckgäנגeg ze maachen.

An et war hinnen deelweis och bal gelongen. Ech muss soen, mir waren awer guer net „amused“, wéi een dat esou schéin haut seet, als Gréng, wéi mer de Projet de loi gesinn hunn. Notamment, dass do awer op wesentleche Plazen d'Biergerrechter sollten zréckgestuift ginn; dass d'Leit och bei gréisseren neie PAPen nëmmen méi dierften en Asproch hanerleeën, wa se en direkten Intérêt personnel hätten. Deelweis sollt och d'Gemengenautonomie nach méi staark ageschränkt ginn; och nach eng Rei aner Punkten, op déi ech hei net wëll weider agoen.

Ech sinn dann awer ganz frou, dass d'Chamberskommissioun e gudden Deel zréckgerudert ass, wann ech dat esou dierf soen. An ech muss och soen, dass den Innenminister awer och kompromësbereet war, fir eng Rei Saachen, déi hie selwer an de Projet de loi geschriwwen hat, awer erëm réckgäנגeg ze maachen. Ech fannen, dat éiert hien och an dësem Kontext.

An ech si ganz frou, dass mer als Chamberskommissioun et och fäerdeg bruecht hunn, eng Rei - an eisen Ae wesentlech - Verbesserungen an dat heite Gesetz eranzekréien. Wat mecht, wat eis als Gréng ganz vill freet, dat ass den Artikel 2 C. Dat ass deen, wou mer eng Base légale fir Aktivitéite fir d'Gemengen am Energieberäich schafen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir kennt eis Positioun. déi gréng sinn der Meenung, dass d'Energiefro déi Fro schlechthin an deenen nächste 15, 20, 30 Joer wäert ginn. An et wier dramatesch gewiescht, wa mer elo uganks des 21. Jorhonnerts en neit Gesetz iwwert den Aménagement communal gemaach hätten, wou mer eis awer wierkelech emol net usazweis Gedanke géife maachen, wéi mer da mat der Energieproblematik ëmginn.

Mir hunn als Gréng laang derfir gekämpft. Mir hunn, zesumme mat de Kollege vun der DP, souguer eng Proposition de loi eragi gehat, déi leider net ugeholl ginn ass. Mä ech sinn awer frou, dass endlech a lues a lues, souwuel am Innenministère wéi an der Regierung insgesamt, d'Asiicht kënnt, dass egal wéi eng Regierung egal a wéi engem ziviliséierte Land et net wäert fäerdeg bréngen, hir Energiepolitik, hir Klimaschutzpolitik an de Grëff ze kréien, wa se d'Gemengen net als Alliiierter bei sech huet. An duerfir ass dat hei ganz wichteg!

Et wier jo e bëssche verréckt gewiescht, wann op där enger Säit den Nohaltegkeetsminister eis d'lescht Woch erkläert huet, dass e relativ gutt virukomm ass mam Klimapakt mat de Gemengen, an op där anerer Säit géif beim éischte Projet, deen dann eng Gemeng an deem Pakt wëllt maachen, d'Brems an der rue Beaumont erëm ageluecht gi mam Argument, fir ze soen, ma Dir hutt jo iwwerhaupt keng Base légale! An duerfir mengen ech, dass et ganz wichteg ass an dass et ze begreissen ass, dass endlech déi Base légale hei fir d'Energiepolitik gemaach ginn ass.

Ech wëll net nach eng Kéier dee ganzen Historique vun deem Gesetz hei maachen. Ech hunn dat alles scho bei där éischter Ëmännerung vun 2005 gesot. Dat ka jiddwereen, dee sech interesséiert, do noliesen. Eigentlech gouf et an eisen Aen, an ech kann dat awer wou Terrain och confirméieren, nëmmen dräi Problemer bei der Ëmsetzung vun deem Gesetz vun 2004. Meng Virriedner hu se och schonn deelweis hei erwähnt. Dat Éischt war eben déi systematesch Applikatioun vu PAPen an de Quartiers existants, mat deene generellen Norme vu CMU a COS.

Fir de Rescht wëll ech awer drun erënnern, dass eigentlech awer de Prinzip vum PAP schonn am Gesetz vun 1937 festgesat war. Een, deen d'Gesetz vun 1937 liest, dee stellt fest, dass deemools schonn am Artikel 2 stoung, dass eigentlech, soubal en Terrain an zwee gedeelt gëtt, hätt missen deemools schonn e PAP gemaach ginn. Dass et vläicht bis 2005 do zu kenger Jurisprudenz komm ass, dat ass net d'Schold vum Gesetz vun 2004. An duerfir hunn ech eigentlech ni déi ganz Opreegung verstan, déi bei där ganzer Saach geschitt ass.

Ech muss lech ganz éierlech soen, soulaang wéi ech Buergermeeschter war, hu mir dat zum Beispill bei eis an der Gemeng applizéiert. Dat war scho laang eng Garantie, dass mer Meeschter géife bleiwen, wat an eisen Dierfer géif ge-



schéien. Et ass fir eis och ëmmer eng Garantie gewiescht, dass och Leit, déi esou Terraine lo-tisséieren, sech kënnen un den Infrastruk-turkäschte bedeelegen.

Et huet sech awer ganz kloer gewisen, dass a Stied haaptsächlech, wou schonn eng enk Be-bauung do war, eng Rei Virschréften aus dem Règlement grand-ducal net ze applizéiere wa-ren. An duerfir, mengen ech, ass et net méi wéi richtig, dass déi Ännerung kënn. Do muss ee sech natierlech elo froen, firwat mer esou laang gebraucht hunn, fir a mengen Aen den Haapt-problem, deen iwwerhaapt mat deem Gesetz bestanen huet, fir deen net éischter geléist ze kréien. Mä besser spéit wéi ni! An an deem Sënn hu mir och kee Problem mat där Disposi-tioun.

Dann ass ëmmer erëm d’Fro vun den Délaien opgeworf ginn. Dat ass richtig. Ech mengen, elo si méi kuerz Délaié gesat. Mä och do muss een awer och fairerweis soen, den eigentleche Problem war awer net d’Gesetz vun 2004, mä deen eigentleche Problem war, dass déi Re-gierung, dass den Innenminister - dass duerch dat neit Gesetz, wou et manifest war, dass méi Aarbecht fir seng Verwaltung, fir säi Ministère géif kommen - net derfir gesuergt hunn, dass se mat Zäit déi néideg Leit hätten.

Dat ass en typesche Phenomeen, dee mer hei erliewen. Dat ass eis esou gaang bei Subsiden am Émweltberäich, och am Logement bei der TVA zrëckzebezuelen. Hei gëtt décidéiert, d’TVA zrëckzebezuelen, da kommen e puer 10.000 Demanden, an da wonnere mer eis, wann herno d’Leit e Joer, annerhalft Joer, zwee Joer op hir Sue musse waarden!

An da kann et jo awer net d’Äntwert sinn: Ma et ass e schlecht Gesetz! Neen, dat ass net d’Schold vun Gesetz, mä dat ass eigentlech d’Schold vun der Regierung, déi net en prévi-sion eigentlech derfir gesuergt huet, dass se déi néideg Ressources humaines huet, fir dat Ge-setz dann och ëmzesetzen.

Ech muss lech awer och op där anerer Säit soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif et awer och net normal fannen, dass, wa mer gréisser PAPe maachen, 60, 70, 80 Häi-ser bei Uertschaften, déi vläicht nëmmen 1.000, 1.200 Awunner hunn, sidd Dir der Mee-nung, dass dat a sechs Méint muss iwwert d’Bühn goen? Sidd Dir der Meenung, dass esou e gewaltigen Agrëff, dee méi duerstelt wéi vläicht an deene leschten 1.500 Joer an deem Duerf geschitt ass, dass dat bannent sechs Méint muss iwwert d’Bühn goen? Dat ass fir eis keng nohalteg Entwécklung!

Ech mengen, esou wichteg Projeten, déi en Duerf, déi eng Stad och kënnen iwwer Joren, Jorzéngten, Generatiounen prägen, wou e ganz soziaalt Gefüge eventuell op d’Kopp gehäit gëtt, do muss et jo awer nach méiglech sinn, dass all Instanz, déi esou e Projet virgeluecht kritt, déi néideg Zäit, déi néideg Rou huet, fir sech mat de concernéierte Leit driwwer ze ën-nerhalen.

Ech mengen, wann ech déi lescht 15, 20 Joer d’Präsentwécklung vun den Terrainen hei no-kucken, dann huet jo bis elo nach kee Promo-teur Schued gelidden, wa vläicht säi Projet e Joer méi spéit fäerdeg war, mä dann huet en éischter nach méi Benefiss op senge ganzen Terraine gemaach.

Duerfir verstinn ech deelweis och déi ganz Oprouen net. An ech fannen, wann ech duerch d’Land fueren, hunn ech dat Gefill, dass hei eng Rei PAPen, déi do entstinn, nach vill ze séier bâcléiert gi sinn, an dass et vill méi wich-tig gewiescht wier, dass souwuel de Schafferot wéi d’Commission d’aménagement wéi dann awer och de Gemengerot sech méi Zäit geholl hätten, fir uerdentlech Projeten aus deem ze maachen, wat do gemaach ginn ass.

Drëtt Ursach, déi zu Problemer gefouert huet, dat waren effektiv relativ komplizéiert Iwwer-gangsbestëmmungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et fiert ee schlecht mam Jangeli op enger norma-ler Eisebunnsstreck, d’Gleis ass do nämlech e bësse méi breet. An dat ass e bëssen dat, wat hei geschitt ass an deem Gesetz. Wéi soll ee verlaangen, dass Leit, déi nach mam Jangeli ën-nerwee sinn, awer eigentlech sech missten esou lues dru winnen, mat engem Gesetz ëmze-goan, wat awer e bësse méi eng breet Spur-breet huet, wéi sollen déi iergendwéi eens ginn? Do rubbelt a knubbelt et dauernd.

Wat ee méi laang déi zwee Parallelismen do be-stohe léisst, wat d’Problemer sécherlech net méi kleng ginn. An ech mengen, dat huet zu ganz vill Problemer dobause gefouert. D’Leit hunn 20, 30, 40 Joer, och Beamten a Beamtinnen, op de Gemeinde mat engem Gesetz geschafft. Elo kréie se wuel en neit, mä si schaffen awer nach weider mat engem ale PAG, mat ale Bestëm-mungen, an an engems solle se sech un dat neit Gesetz gewinnen. Ech mengen, do ass villes schifgaangen.

Ech muss och dem Minister de Virwurf maa-chen, dass deemools, ausser véier Regionalver-sammlungen, déi gehale gi sinn, net genuch Oplklärung, och net genuch Werbung, och net genuch positiv Werbung fir dat Gesetz ge-maach ginn ass. Ech hu selwer erlieft, dass Leit, wou an esou Réuniounen komm sinn, herno net méi gescheit ware wéi virdrun. Do hätt ee vill méi intensiv, mengen ech, op allen Niveaue misse sensibiliséieren, informéieren an erklären, wat dann d’Philosophie vun deem neie Gesetz ass.

Mä duerfir versti mir als Gréng awer nu wierk-lech guer net, dass mer elo déi problematesch Situatioun, déi fir eis, an eisen Ae mat déi pro-blematescht ass, dass mer déi elo nach verlän-geren! Mir hu kee Verständnis, dass elo d’Ge-mengen nach Sputt kréie bis 2013 an, wa se dann och nach vläicht e léiwe Bréif schreiwen, theoretisch nach zwee Joer hannendrun, fir mat deem Parallelismus do weiderzefueren.

Ech froen lech, Här President, ech froen lech, Här Minister, wat hunn dann déi Schafferéit an deene leschte siwe Joer gemaach, wou se 2004 gesot kritt hunn, spéitstens a sechs Joer muss Äre PAG fäerdeg sinn? Do sot Der mir awer net, dass do d’Ursach nëmmen ass, dass anschei-nend net genuch Büroen do sinn an dass dat do esou komplizéiert ze maachen ass. Do soen ech lech awer och ganz kloer an däitlech, Här President, do sinn awer Leit, déi net hir Res-ponsabilitéit geholl hunn, déi se hunn als Schäf-ferot, derfir ze suergen, an déi ëmmer erëm nei Ursache sichen.

Mir bedauern et wierklech, dass elo den Drock net erhéicht gëtt an dass elo wierklech bis 2013 an deemno wéi nach bis 2015 nach Sputt ge-looss gëtt. Dat heescht, déi onsécher Situa-tioun, déi bleibt elo nach eng Kéier à la limite véier Joer. An dann hu mer eeel Joer gebraucht, wou mer e Gesetz gestëmmt hunn, bis dann déi lescht Gemeng an deem Land hei en neie PAG huet. Da solle mer eis awer wierklech selwer mat der eegener Nues huelen! Do maa-che mer eis awer wierklech lächerlech!

An da soll een nach engem auslänneschen In-vestisseur erklären, mir wieren d’Land vun deene kuerze Weeër a mir géifen et fäerdeg bréngen, relativ séier Reformen hei ëmzeset-zen! Ech ka mech ëmmer nëmme wonneren, wéi séier mer et fäerdeg bréngen, wann et heescht, op der Finanzplaz nei Saachen a Bewe-gung ze bréngen. Wann et drëms geet, do-baussen um Terrain och emol eng Kéier e bësse Restrictionen ze setzen, de Leit e bëssen um sakrosankte Prinzipium vum „droit privé“ an „droit de propriété“ réckelen ze goen, da si mer schrecklech lues.

Duerfir wollt ech lech soen, Här President, dass dat do eng vun deenen Ursachen ass, firwat dass mir eis wäerten enthalte bei deem Gesetz. Fir eis wier et dréngend gewiescht, den Drock ze erhéien an derfir ze suergen, dass schnellst-méiglech déi Gemengen am Lëtzeburger Land alleguerten um selwechte Level wieren, dass och jiddwereen, all Architekten, all Urbanisten, mat deem neie Genre vu PAGen ze dinn hätt.

Mäi Virriedner, den Här Etgen, huet hei gesot, et misst een och sensibiliséieren no baussen. Dat ass richtig, dass d’Populatioun dat do ver-steet, dass Leit, déi eng Bauplaz hunn, dat do verstinn, dass Leit, déi wëllen en Haus bauen, dat do verstinn. Mä, Här Etgen, wéi wëllt Der dat dann elo maachen, wann elo nach während véier Joer de Risiko besteet, dass mer zweespu-reg fueren? Déi eng fueren nach ëmmer mat engem neien. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer déi véier Joer nawell keng uerdentlech Aarbecht dobause kënnen maachen. An duerfir ass dat fir eis onverständlech.

Et hätt een zumindest misse soen, dass aller-spéitstens 2013 Schluss wier. Mä mir mengen, a wann ech mat de Kollegen aus der Stad Lët-zebuerg a vun Esch schwätzen, soen déi mer awer, dass mat ganz e bësse gudder Wëllen et souguer vläicht méiglech gewiescht wier, fir August nächst Joer oder vläicht spéitstens Enn 2012 misst dat awer machbar sinn. Da verstinn ech net, dass mer elo hei nach esou vill Sputt loosse. Wat mer méi Sputt loosse, wat den Drock méi kleng ass a wat nach méi Leit erëm Ursache sichen, fir näischt ze ënnerhuelen.

Déi zweet Ursach, firwat mer eis wäerten ent-halen, déi ass och schonn hei erwähnt ginn. Déi leschte Kéier, an och do ass et net richtig, wa gesot ginn ass an der Zäit, dat Gesetz wier bâcléiert ginn, an et hätt kee gewosst, wat op se géif duerkommen. Dat ass formell net rich-tig! Déi leschte Kéier - 2004 - war eng exem-pläresch Aarbecht geleescht ginn. D’Regierung hat eis sechs Méint... Sechs Méint virum Vote vum Gesetz louche sämtlech Règlements grand-ducaux um Dësch an déi konnte mer an der Kommissioun begutachten.

Et soll haut keen nodréiglech soen, 2004 hätt en net gewosst, wat duerno géif geschéien, well déi Règlements grand-ducaux waren alle-

guerte bekannt. Wann ee se natierlech net ge-lies huet, da brauch ee sech herno net ze won-neren. Dës Kéier ass et awer leider, muss ech soen, ëmgedréit.

Ech hat och am Numm vun eiser Fraktioun ganz am Ufank vun der Prozedur e puermol drop higewisen an och gesot, dass mir gäre vi-rum Vote déi Règlements grand-ducaux hätten. Dat ass leider net de Fall. A grad an deem hei Gesetz, mat där Virgeschicht a mat deem Ri-siko, wat soll kommen, wäerten déi gréng op jidde Fall keng Kaz am Sak hei kafen. An duerfir ass dat déi zweet Ursach, dass mir eis enthal-len.

A wann ech dann déi awer relativ schaarf Kritik vum Mouvement écologique zu de Règlements grand-ducaux liesen, déi soen, et wieren Inko-härenzen do mam Gesetz, et wiere widder-spréichlech Aussoen an deenen eenzelne Règle-ments grand-ducaux an et wier keng Integra-tioun vu bestehende Règlements grand-ducaux respektiv Gesetzer, da fillen ech mech awer an där Angscht do bestätegt. A wann och nëmmen d’Halschent wouer sollt sinn, wat de Mouvement écologique behaupt, da sinn awer eng ganz Rei Problemer virusprogramméiert.

Ech weess dann och net, an da schwätzen ech als President vun der Petitiounskommissioun, mir haten eng Entrevue mam Gaart an Heem, do war gesot ginn, deenen hir Doléance, fir erëm Méiglechkeeten ze schafen, fir „Schreber-gärten“ an deenen eenzelnen, besonnesch an de Landgemengen, mä och an de Stadgemen-gen ze maachen, sollt a Form vun de Règle-ments grand-ducaux Rechnung gedroe ginn. Ech kann elo net bei deem Vote hei ofgesinn, ob dat dann esou ass oder net.

Ech kann och net ofgesinn, ob dann zum Bei-spill déi fir eis ganz wichteg Bestëmmung am Artikel 2, dass mer Kompetenz am Energiebe-räich hunn, ob dat sech dann och zum Beispill an där Form an de Règlements grand-ducaux erëmfënnt. Gesäit de Règlement grand-ducal vir, dass ech zum Beispill kann eng Zon defi-néieren, wou ech en Anschlusszwang un dat bestehend Nahwärmenetz maachen? Weess ech net!

Wann an de Règlements grand-ducaux guer näischt vun der Energiefro sech zrëckfënnt, da froen ech mech schlussendlech awer, wat dann dee Saz am Artikel 2 wäert ass. Duerfir ass dat do eis awer e bësse vag an duerfir ass dat eng zweet wichteg Ursach, firwat dass mir eis wäerten enthalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, egal wéi géif ech awer dem Innenminister recom-mandéieren, fir relativ fréi no de Wahlen bei deenen neie Schafferéit, deenen neie Geme-nagéit ganz aktiv an intensiv a besser wéi déi leschte Kéier Oplklärung, Sensibiliséierung, Wer-bung fir dat Gesetz hei ze maachen an dann awer wierklech och keng Ausnahme méi ze maachen an derfir ze suergen, dass dann awer wierklech am August 2013 all Lëtzeburger Ge-meng en neie PAG no deem heite Gesetz huet. Dann hale mer de Schued vläicht eeneger-moossen a Grenzen.

Well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen dréngend eng kohärent Landes-planung an deem Land. Mir brauchen drén-gend eng kohärent Entwécklung vun eisen Dierfer a Stied. Well jiddwereen, dee mat oppe-nen Aen duerch Lëtzebuerg fiert, mengen ech, misst mer do Recht ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Camille Gira. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här Pre-sident. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll ufanks dem Rapporteur, dem Kolleg Ali Kaes, Merci soen, net nëmmen als Rapporteur, mä och als President vun der zoustänneger Kom-missiouen. Ech mengen, dee Rapport, deen hie gemaach huet, souwuel dee schréftleche wéi dee mëndlechen, geet an all d’Detailler vun de-sem dach komplizéierte Projet eran. E Projet, deen den 30. März d’lescht Joer, virum zwee Joer, 2009 déposéiert ginn ass an zënterhier an iwwer 20 Kommissiounssëtzunge behandelt ginn ass.

Et ass eng gutt Aarbecht an där Kommissioun gemaach ginn. Ech mengen, dat muss jidd-weree soen. Mir hu wierklech an allen Detailler an deenen iwwer 20 Kommissiounssëtzungen Artikel fir Artikel duerkundéiert. Et ass een op deem anere seng Iddien a Propositionen agaangen. Et war wierklech eng konstruktiv Diskussioun, net nëmmen tëschent de Mem-bere vun der Kommissioun, mä och tëschent de Membere vun der Kommissioun an dem zoustänneger Minister. Ech wëll duerfir aus-drécklech haut dat hei ervirsträichen, well et einfach der Realitéit entsprécht, och wa mer net an alle Punkten eng Eestëmmegkeet hunn.

D’Zil vun deem Gesetz ass haaptsächlech, d’Prozeduren am Zesummenhang mam Amé-nagement communal ze vereinfachen. Iwwer Jorzéngte sinn d’Gemengen am Prinzip mam Gesetz vum 12. Juni 1937 eens ginn. Et ass ëm-mer vum 37er Gesetz geschwat ginn. Dëst Ge-setz ass 2004 geännert ginn, fir den neie Kritäre vun engem modernen Urbanismus ze entspie-chen.

(**Mme Lydie Err prend la présidence.**)

D’2004er Gesetz ass awer schonn erëm dräimol ofgeännert ginn, an zwar duerch d’Gesetzer vum 19. Dezember 2008, d’Waassergesetz; den 22. Oktober, d’Gesetz iwwert de Pacte Lo-gement; an den 19. Juli 2005 si Prezisiounen iwwer Iwwergangsbestëmmunge geholl ginn.

Mir müssen also feststellen, dass eis Virgänger, déi d’37er Gesetz gemaach hunn, net esou schlecht waren. Dëst Gesetz war ëmmerhi 67 Joer d’Basis, op där d’Gemengen an de Stat déi national a kommunal Bauten an hir Aménage-mentspolitik baséiert hunn. 1937 muss e gudder Joergank gewiescht sinn, well mir hunn och zwee Kollegen Deputéiert heibannen, déi 1937 gebuer goufen.

D’Gesetz vun 2004 ass an der Zwëschenzäit, wéi gesot, scho véiermol ofgeännert ginn, an d’Gesetz vun haut kann een als Ergänzung zu dem 2004er Gesetz ugesinn. Sécherlech ass d’Welt an deene 60, 70 Joer, wou mer mam 37er Gesetz gefuer sinn, net méi einfach ginn. Mä nach muss mer festhalen, dass mer haut, gewollt oder net gewollt - et kann een och soen, gezwongen oder net gezwongen -, an eng Zäit eragelieft sinn, an där d’Tendenz zum Iwwerreglementéieren d’Regel ginn ass.

Sécherlech sinn opgrond vun neien Erausfuer-derungen - landesplanerescher Natur, ëmwelt-politescher Natur, de Versuch vun enger Kom-binatioun vu Wunnen, Liewen a Schaffen ze-summen, d’Problematik vun engem gudden öffentlechen Transport - d’Haaptursachen, fir ze légiféieren. D’Iwwerreglementéierung geet awer och dorop zrëck, dass mer an eiser Gesell-schaft an enger Gesellschaft liewen, wou net onbedéngt méi de klore Mënscheverstand do-minéiert, mä eng bestëmmten Euphorie am Pa-ragraphereiden entstanen ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Vill Leit - Pro-fessioneller, Privatleut, Promoteuren, Architek-ten, Urbanisten, Affekoten - schwätze mat, dé-cidéiere mat, streide mat, an net ze vergiessen, verdéngen och gäre mat! An no all optriedende Problemer oder Prozesser gëtt an der Regel alt erëm versicht, duerch eng Ännerung vum Ge-setz, oder bei de Gemengen duerch eng Änne-rung vun de Reglementer, dese Problem an de Grëff ze kréien.

Een ëmmer méi grousst Matsproocherecht vun eenzelne Bierger - wat an enger Demokratie als selbstverständlech vun eis all ugesi gëtt - an Or-ganisatiounen mécht dëst net alles méi einfach. D’Resultat ass, dass Prozedure mussen opge-baut ginn, déi all deem solle Rechnung droen. Prozeduren, déi oft als Resultat hunn, dass d’Projeten iwwer Méint a ganz oft iwwer Jore verschleeft ginn.

Iwwer Joren diskutéiere mer heibannen iwwert den Noutstand, dee mer am Wunnengsbau hunn. Nach ëmmer ass et esou, dass an enger fräier Maartwirtschaft d’Offer an d’Demande de Präis bestëmmen. A soulaang wéi mer net genuch Wunnengen op de Maart bréngen, soulaang kréie mer de Problem vum Wun-nengsbau och net geléist. D’Vergaangenheet huet och bewisen, dass all staatlech Mooss-namen net oder nëmme weénege gegraff hunn. Den Haaptproblem ass a bleibt d’Offer!

Déi oft iwwerdräiwwe laang Prozeduren hunn net nëmmen zur Konsequenz, dass d’Projeten net kënnen an engem rasonabelen Délai reali-séiert ginn, mä doriwwer eraus sinn dës iwwer-driiwwe Prozeduren och zu engem gudden Deel schold un deenen enorm héije Baupräis-ser. All Dag, Woch, Mount oder Joer, wou ee Projet muss waarden, wou e verschleeft gëtt, lafen d’Zësen op der Bank a maachen d’Bau-landpräisser zousätzlech méi deier.

Dese Problem ass zënter Jore gewosst, an awer huet weder dës nach déi viregt Regierung ep-pes Konkretes hei ënnerholl. Et ass ëmmer erëm gebastelt a gefléckt ginn, mam Resultat, dass d’Präisser weider a weider klammen - dat sou-guer och a Krisenzäiten! -, an dass an der Zwë-schenzäit dausende vu Lëtzeburger hu misse an d’Grenzregioun auswanderen an zum Grenzgänger gi sinn. Dat ass alles d’Resultat vun enger gewosster Problematik, déi mer hei am Land hunn, a wou d’Politik net verstanen huet, déi richtig Äntwerten op déi Froen ze ginn.



Madame President, dësse Projet huet zum Haaptzil, wéi scho gesot, eng Vereinfachung an, nach méi wichteg, eng Verkierzung vun de Prozeduren, dat souwuel wat den Aménagement général wéi den Aménagement particulier ubelaangt. Dat ass och zu engem gudden Deel a dësem Projet gegléckt. Déi zwou Prozedure sinn am Prinzip op d'Halschent vun der Zäit gekierzt ginn. 24 Méint war d'Regel, wann et normal gelaf ass. An Zukunft soll et sech tëschent zéng an 13 Méint ofspillen.

Et gëtt ee Parallelismus agefouert tëschent deenen eenzelne Consultatiounen, dat souwuel wat de Public wéi och déi concernéiert a kompetent Organer ubelaangt. Och ass d'Méiglechkeet bei engem Aménagement particulier ewechgefall, fir beim Minister Recours géint d'Décisions vum Gemengerot ze maachen.

Wichteg, mengen ech, ass et, datt an eiser komplizierter Gesellschaft et wichteg gëtt, datt déi Leit, déi grouss Projeten ugin - a mir brauche Leit, déi dee Risiko aginn, fir Projeten unzegoen -, datt déi Leit eng Planungssécherheet kréien. Et ass net ze veräntwerthen, datt Leit Projeten ugin, vill Geld dran investéieren oder Geld musse bei Banke léine goen an net wëssen, wéini datt dee Projet iergendwann eng Kéier zu engem gudden Enn kënnt, datt e ka realiséiert ginn. D'Planungssécherheet ass duerfir méi wéi jee wichteg an där heiteger Zäit.

Et ass awer och wichteg, datt dat heite Gesetz kënnt - meng Virriedner hunn dat och schonn ugeschwat -, fir eben d'Verlängerung de Gemengen ze accordéiere bei der Erneuerung vun hire PAGen, déi, wa mer d'Gesetz net géife maachen, elo am August an eng gelunge Situation géife kommen. Et gëtt elo an enger éischter Etapp ëm zwee Joer, an et kann ëm zwee Joer weider verlängert ginn.

Ech mengen, wa mer éierlech heibanne sinn, musse mer soen, wéi mer dat deemools 2004 an d'Gesetz geschriwwen hunn, ware mer eis alleguer heibanne bewosst, datt et méi wéi schwéier géif ginn, datt d'Gemengen an deem duerch d'Gesetz gesaten Délai hir PAGe géifen alleguer iwwerschafft an erneiert kréien. Deemools ass gesot ginn, kommt, mir setzen awer deen Délai dran, domadder maache mer e gewësenen Drock op d'Gemengen, fir datt se wierklech derhannert bleiwen, fir datt déi PAGen erneiert ginn!

Mir wossten et. Ech hat allerdéngs, muss ech lech éierlech soen, deemools och net gemengt, datt an deem gesatenen Délai nëmmen esou vill, oder nëmmen esou weineg, besser gesot, esou weineg Gemengen d'Prozedur duerchlafte kéinten, fir dem Gesetz gerecht ze ginn.

Haut sti mer also elo virun där Situatioun, wéi mer se 2004 virgesinn hatten, an duerfir, mengen ech, soll dat eis och net verwonneren. Ech sinn och iwwerzeegt, datt déi meescht Gemengen et och nach net wäerten an deenen nächsten zwee Joer realiséieren. Mir wëssen alleguer, datt et net nëmmen eng onheemlech kompliziert Prozedur ass, mä mer wëssen och alleguer, datt mer net genuch Leit an där Branche hei zu Lëtzebuerg hunn, Büroen, déi dat kënne maachen.

A mer mussen och wëssen, datt dësen Hierscht Gemengerotswahle sinn,...

(Interruption)

...an och déi Gemengerotswahle wäerten déi eng oder déi aner Répercussionen nach erëm mat sech bréngen op d'Ausschaffung vun deenen neie PAGen. Dat ass eng Realitéit. Déi muss een einfach an engem Land, wou et nach ëmmer fräi Wahle gëtt, och esou gesinn.

Dann ass e wichtige Punkt, wou mer eis an der Kommissioun eens gi sinn, den Avis vun der Commission d'aménagement. Ech mengen, d'Zesummesetzung vun der Kommissioun, do hate mer verschidde Variatiounen virleien. Ech mengen, mir hate souguer eng vum Conseil d'État virleien. Dat wier scho bal esou eng kleng Vollversammlung ginn, déi do proposéiert ginn ass, déi ee sollt asetzen.

D'Kommissioun huet sech am Accord mam Minister, mengen ech, awer do op eng gutt Léisung géeneegt, fir eng relativ kleng awer effikass Kommissioun zesummenzesetzen, déi sech ka mat Experten ergänze loosse, an deenen déi Haaptleit datt dann och haaptberufflech maachen, esou datt een och... Doropshin hu mer jo och decidéiert, fir déi Délaien, wou d'Kommissioun muss hiren Avis ofginn, op véier Méint erofzesetzen.

Ech mengen, dat ass eng wichteg Erneuerung, mä och déi war vill diskutéiert, esou datt mer den Délai relativ kuerz gemaach hunn. Mä ech mengen, wann een do Leit hisetzt, déi wierklech Fachleit sinn, déi dat sollen haaptberuff-

lech maachen, da musse mer och zu enger Situation kommen, datt mer op deem Niveau do Délaien gesat kréien.

Délaien, wou eng Gemeng, wann d'Commission d'aménagement keen Avis ofgëtt, nom Ofrafe vun deem Délai dann awer kann diskutéieren an decidéieren a weider an der Prozedur fueren. Et kann een och vläicht gesinn, datt dat heiten eng Prozedur gëtt, wou eng Kommissioun sech vläicht herno seet: „Ma, an deem Dossier do ass alles an der Rei. Kommt, mer verléieren net vill Zäit mat Avisé schreiwen, mir schreiwen einfach keen Avis!“

Och dat léisst elo dës Prozedur zou. A wann no de véier Méint keen Avis geschriwwen ass, da kënnen d'Gemenge jo doriwwer befannen. Ech géif zwar mengen, datt esou eppes misst d'Ausnahm sinn. Wichteg schéngt et mir awer ze sinn, datt déi zoustänneg Kommissioun zu alle Projeten, déi erakommen, och wa se dermat averstanen ass, dat an engem schréfftlechen Avis festhält.

Ee weidere Punkt, dee vill diskutéiert ginn ass - ech versichen elo d'Punkten erauszehuelen, déi meng Virriedner hei nach net esou diskutéiert hunn, fir net alles nach eng Kéier nei ze soe respektiv fir dat eent oder dat anert nach bäizebréngen -, dat ass déi Autorisation de construire provisoire. Ech mengen, mir wëssen alleguer, firwat datt déi Autorisation dragesat ginn ass. Mir wëssen awer och, datt an der Vergaangenheet näischt besser gehalen huet, wéi eng provisoresh Autorisation.

Hei ass am Fong geduecht ginn, datt ee kéint provisoresh och zum Beispill Parkplazen um Kierchbierg autoriséieren, a wann dann eng Kéier spéiderhin en Tram kënnt, datt dann eben déi Parkplaze kéinten ewechfalen. A vu datt mer wëssen, datt keen Tram dohinner kënnt, wësse mer also och, datt déi Autorisation, déi hei als provisoresh ugekënnegt gëtt, da mat der Zäit wäert eng definitiv...

(Interruption)

► **Une voix.** - E kënnt esou sécher wéi den Amen am Gebiet.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, jo. Neen, ech mengen, dat ass méi sécher. Mir kënnen also sécher sinn, datt dat heiten och mat der Zäit wäert eng definitiv Autorisation ginn. Ech mengen, Dir erliet et net, an ech och net, an eis Kanner och net, fir mam Tram duerch d'Stad ze fueren.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Mir huelen lech mat. Dir kritt en Abo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech verzichte gären drop.

Ee weidere Punkt: Et wier wichteg gewiescht, datt mer all Prozeduren...

(Interruption)

Vu Fréiseng an d'Stad fiert ee ganz gudden öffentliche Transport, do brauche mer duerfir keen Tram.

Wichteg wier och, datt all d'Prozeduren an engem eenzelne Gesetz gläichgestallt wiere ginn. Ech mengen, dat hunn och scho Virriedner gesot. Alles misst an engem Gesetz sinn. Wat d'Autorisation an och dat, wat d'Waassergesetz ubelaangt, misst eiser Meenung no alles an engem eenzege Gesetz sinn. Mir misste quasi, wéi mer sot, e Guichet unique kréien, deen de ganzen Aménagement communal géif beinhalten.

Een anere Punkt, Madame President, ass den Artikel 44 (1) iwwert d'Astelle vun Urbanisten an de Gemengen. Hei ass och eng grouss Diskussion gewiescht, well d'Gesetz am Fong seet, datt eng Gemeng, déi iwwer 10.000 Awunner huet, misst en Urbanist oder een duerch d'Gesetz - ech weess et elo net auswendeg - gläichgestallte Professionellen stellen. A Gemengen ënner 10.000 Awunner, déi kënnen esou en Urbanist astellen, an déi kënnen och mat anere Gemengen zesummen ee gemeinsam astellen, deen da muss d'Autorisation vum zoustännege Minister kréien.

Dës zwou Bestëmmunge féiere sécherlech zur Kontradiktion, wa mer soen, datt eng Gemeng iwwer 10.000 Awunner muss en Urbanist astellen, an ënner 10.000 Awunner kann eng oder méi Gemengen zesummen en Urbanist astellen. Dorausser leet een of, datt déi iwwer 10.000 missten en Urbanist à plein temps astellen. Et ass awer an der Kommissioun kloer gesot ginn, datt et net esou am Gesetz géif stoen. Dat heescht also och, eng Gemeng iwwer 10.000 Awunner kann en deelzäitbeschäftigten Urbanist astellen. An duerfir, mengen ech, ass déi Formulierung, déi mer hei am Gesetz hunn, onglécklech, well déi sécherlech zur Ierfeierung ka leeden.

Ech wëll awer och kloer soen, datt mir als ADR léiwer gesinn hätten, wa mer an deem dote Punkt d'Autonomie communale spille gelooss hätten. Ech mengen, d'Gemenge si grouss an

al genuch. Et ass haut, mengen ech, keng Gemeng méi, déi net an enger gewëssener Gréisenuerdung e Service technique huet. Verschidde Gemengen, déi méi grouss sinn, hunn hir Architekten, anerer stelle sécherlech Urbanisten an. Ech mengen, do hätt een de Gemenge kënnen d'Fräiheet loosse.

Hei gi mer am Fong elo e Monopol gërieren, ouni ze wëssen, ob déi Leit och wierklech eng Beschäftegung à plein temps hunn. Ech wier der Meenung gewiescht, mir hätten dat net brauchen an d'Gesetz ze schreiwen an et hätt ee kënnen higoen an einfach d'Gemengautonomie spille loosse. D'Gemengen hätten scho gewosst, wéini se wat fir eng Persoun ënner wat fir enge Konditiounen astelle sollten.

Dës Gesetz soll den 1. August, wéi gesot, a Kraaft treden. An der Kommissioun ass och matgedeelt ginn, datt all déi Projeten, déi um Instanzewee sinn, dat heescht déi agereecht si gi bei der Commission d'aménagement, fir en Avis unfroen, datt déi Projekte géife laut der aler Gesetzgebung lafen, an datt all déi, déi nach net deen Avis bei der Commission d'aménagement ugefrot hätten, ënnert dat neit Gesetz falen.

D'Règlements grand-ducaux, mengen ech, sinn och a virun allem an der leschter Kommissiounssetzung eng Kéier diskutéiert ginn - wierklech diskutéiert ginn -, wou den Här Minister eis matgedeelt huet, datt déi alleguer am Prinzip virum 1. August do wieren, wann d'Gesetz a Kraaft trëtt. Mir sollten och nach eng Kéier an der Kommissioun zesummekommen, da virum dem 1. August. Dat ass relativ kuerzfristig fir dach awer e relativ voluminösen Deel vun all deene Règlements grand-ducaux do.

Ech mengen, hei wier et scho wichteg gewiescht, wa mer déi hätte kënnen éischter gesinn an diskutéieren. Ech mengen, mir sinn awer elo praktesch zwee Joer amgang, un deem Gesetz hei ze schaffen, a mer wëssen, datt mer un engem Délai hougeng, deen August 2011 heescht, esou datt am Fong jiddweree sech hätt kënnen drop astellen.

Ech wëll och drop hiweisen, datt de Mouvement écologique viru kuerzem elo an engem Schreiwes eng relativ staark, staark Kritik un der Virgehensweis vum Minister respektiv wat den Inhalt vun deene Règlement-grand-ducalen ubelaangt zum Ausdrock bruecht huet. Den Här Minister huet eis an der Kommissioun gesot, datt déi zum groussen Deel net berechtigt wier. Ech ginn och dervun aus, datt de Minister dann herno hei a senger Stellungnahm dozou wäert Stellung bezéien.

Mä wéi gesot, et ass eng Regel heibannen an deem Haus ginn, datt, wa mer Gesetzter stëmmen, dann d'Règlements grand-ducaux solle virleien. Hei bei dësem Gesetz wier et sécherlech ganz wichteg gewiescht.

Dann ofschléissend wëll ech nach soen, datt ech mech mengem Virriedner, dem Camille Gira, uschlëssen, datt de Minister gutt berode wier, elo kuerzfristig... Bon, elo ass kuerzfristig duerch d'Gemengewahle vläicht... Mä wat d'Fonctionnaren ubelaangt, kann een awer kuerzfristig Informationsversammlunge maachen, fir déi an d'Bild ze setze vun deem neie Gesetz.

An dann no de Gemengewahle wier et och net schlecht, wann eben déi nei Schaffen- a Gemengeréit och déi néideg Informatiounen kréichen, wat d'Applikatioun vun dësem Gesetz ubelaangt. Do misst een, mengen ech, awer och higoen an iergendwéi e vereinfacht Schema oder Struktur kënnen presentéieren. Well mer wëssen alleguer, wann en dat an där Kompliziertheit, wéi d'Gesetz et virgesäit, virdréit, dann ass et esou wéi mäi Virriedner gesot huet, da ginn déi meescht Leit herno fort a si hunn awer net ganz viles matkritt.

Madame President, Dir Damm an Dir Hären, ofschléissend wëll ech soen, datt dat heiten ee Gesetz ass, wat an enger gudder Zesummenaarbecht ausgeschafft ginn ass, wou wierklech vill positiv Punkten dra sinn. Mä et sinn och eng Rei Punkten, vun deenen ech der elo e puer ernimmt hunn, déi derzou féieren, datt mir eis als Partei beim Vote wäerten enthalten.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - D'Wuert huet elo den nächsten a leschte Riedner, den Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Madame Presidentin, den Här Gira huet Recht. Dat Gesetz vun 2004 war e prinzipielle Fortschritt par rapport zu deem Gesetz vun 1937, well et nei Perspektiven opgemaach huet, well et nei Obligationen, mä awer och nei Méiglechkeete fir d'Gemenge geschafen huet, fir deene villfältigen Aspekter vun der lokaler Entwicklung Rechnung ze droen.

Dass et bei der Ëmsetzung vun deem Gesetz Schwierigkeete gi sinn, dat ass haut schonn e puermol gesot ginn. Mir kenne se also. Dass dat och eng Neioplage suggéiert huet, dat ass och kloer, gläichzäiteg mat den Ufuerderunge vun enger sougenannter Simplification administrative, woubäi ee bei där natierlech ëmmer muss oppassen, dass et net zum Nodeel vun den Interesse vun de Bierger respektiv vun der Ëmwelt geet.

Allerdéngs si mat deem neie Gesetz, esou schéngt et, nach Schwierigkeete virprogramméiert, virun allem dann, wann net déi eenzel Règlements grand-ducaux nach eng Kéier seriö iwwerschafft ginn, esou wéi dat de Mouvement écologique jo am Detail och virdemonstréiert huet, an och u konkrete Fäll getest ginn, wéi dat dann an der Praxis ausgesäit.

Leider, muss ech soen, ass awer och bei der Neioplage vun deem Gesetz d'Geleeënheet net genotzt ginn oder net genuch genotzt ginn, fir d'Reflexioun iwwert d'Entwicklungsplanung vu Stied a Gemenge weiderzedreiwen. Vun engem kohärente Konzept, vun enger iwwergräifender, vernetzter, dynamescher an nohalteger Stad an Duerfentwicklungsplanung si mer awer nach e Stéck ewech. Do besteet also nach Nohuelbedarf.

Ganz wichteg ass fir mech an där heiter Fro d'Fro vun der Bedeelegung vun der Bevölke- rung un der Planung, also d'Fro vun der Demokratie um kommunale Plang. An do geet mir dat Gesetz och net wäit genuch. Demokratie ass jo net einfach d'Recht op Asproch, ëmsou méi, well deen Asproch jo awer net ëmmer, awer oft duerch méi oder weineger berechtigt Partikularinteresse motivéiert ass.

Dat, wat an der Gemeng geschitt, dat, wat sech an der Gemeng entwéckelt, dat ass awer eng Fro vun allgemengem Intérêt an dat verlaangt also, mengen ech, och en oppenen an demokrateschen Débat. Dat verlaangt och eng Sensibiliséierung vun der Bevölke- rung, fir sech un deem Débat ze bedeelegen. Dat heescht konkret, dass scho bei der Ausaarbechtung vun der Étude préparatoire, zum Beispill bei öffentlichen Entwécklungsfroen an ähnleche Formen vun öffentlichen Debatten, d'Bierger sollten agebonne ginn, hir Usiichten iwwert déi bestehend Situatioun kënnen ausdrécken, hir Iddien iwwert déi künftige Zeenarien och kënnen zum Ausdrock bréngen.

Dat sollt een och legislativ festhalen. Dat ass awer bei der Reform vun dësem Gesetz net geschitt. An da muss natierlech och ofgeséichert ginn, dass déi demokratesch Participatioun och eescht geholl gëtt, dat heescht, dass se bei der Ëmsetzung, bei der Entwicklungsplanung selwer och tatsächlech hiren Nidderschlag féint.

Entscheidung ass fir mech eng Fro, déi haut awer wierklech nach guer net ugeschnidde ginn ass. Dat ass d'Fro vun der Verfügungs- gewalt iwwert de Buedem. An de 60er a 70er Jore gouf et a ganz Europa, a praktesch alle Länner vun Europa eng zimlech intensiv Diskus- sion iwwert d'Buedemrecht, dat heescht iwwert d'Problematik an d'Konsequenze vun private Buedembesetz.

Dobäi geet et net nëmmen ëm d'Präisspekulation, well souguer wann d'Gemeng iwwert d'Planungshoheit verfügt, wéi mer dat nennen, ass et dach esou, dass de private Buedembesetz déi Planung beaflosst, behënnert oder blockéiere kann. Gemenzt ass hei net den Terrain vun engem Eefamiljenhaus, gemengt si grouss Immobilienbesëtzer. An ech wëll dat un engem konkrete Beispill illustréieren, fir dass ee weess, ëm wat et geet.

Der ARBED, haut der ArcelorMittal, gehéiert ënner anerem zu Esch e grousst Areal direkt beim Escher Stadzentrum, wat sech wonnerbar géif eegne fir en attraktiven öffentliche Stad- gaart zum Beispill mat Waasserflächen - där sinn iwwregens do -, eventuell nach mat Wun- nengen. Awer et geschitt näischt. Et geschitt näischt an déi Richtung, well de Grondbesëtzer näischt ënnerhëlt, dat net wëllt oder seng eege Projeten zrëckhält aus Grënn vu spéiderer méi grousser Rentabiliséierung.

Där Beispiller kéint een eng ganz Rëtsch nen- nen. An dofir mengen ech, dass och den Débat iwwert d'Buedemrecht misst onbedéngt ge- fouert ginn.

Zur Wunnengsproblematik. Duerch de Pacte Logement ass déi nei Dispositioun an d'Gesetz vun 2004 erakomm. An et gëtt och an deem neie Gesetz iwwerholl, dass bei engem neie Lotissement vun engem Hektar op d'mannst 10% Wunnenge mussen ënnert d'Bedéngunge vun der sozialer Subventioun falen. Ech sinn och domadder d'accord.

Awer dat geet manifestement net duer, well déi Leit, déi am meeschte Problemer hunn hei zu Lëtzebuerg um Wunnengsmaat, dat sinn déi, déi sech dat Haus oder dat Appartement de toute façon net kënne leeschten, fir dass se eventuell eng Subventioun kéinte kréien. Ech



mengen also, et misst zousätzlech an der Législation och e bestëmmte Prozentsaz, op d'mannst fir eng bestëmmte Gréisst vu Lotissementer, vu soziale Mietwunnenge respektiv soziale Miet-/Kafwunnenge festgesat ginn.

Fir ofzeschleissen ee Wuert: D'Sozialentwécklung vun eise Stied a vun eisen Dierfer am wäite Sënn vun Wuert hätt méi e grouse Stellwäert verdéngt, wéi dat och an där neier Oplag vun deem Gesetz virkënnt. Ech erlabe mer einfach ze verweisen - wann Dir mir dat och erlaabt - op deen Avis, dee mir an der Zäit ausgeschafft hunn iwwert d'Sozialhëllefgesetz a wou mer probéiert hunn, eis auszedrécken iwwert dat, wat mir eis iwwer eng Sozialentwécklung um Niveau vun de Stied a vun de Gemenge virstellen.

An dat ass awer elo vläicht eng Déformation professionnelle. Ganz zum Schluss zwou Klengegkeeten. Zwou kleng Formfroen, déi mer opgefall sinn. Am Artikel 25, mengen ech, misst et heeschen: „Chapitre 3 du Titre 4“, mengen ech, well soss eng Interpretatiounsschwieriegkeet besteet. Dat kann emol vläicht deen een oder deen aneren nach nokucken, vläicht de Rapporteur.

An da weess ech net, ob, wann een e Passé simple dohinner setzt, wou e Présent higehéiert, dat zu juristesche Schwieriegkeete kéint féieren. Mä jiddefalls misst et am Artikel 20, zweeten Alinea net heeschen „revêtit“ - Passé simple -, sondern „revêt“.

Merci am Virus fir eventuell Verbesserungen.

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Hoffmann. D'Regierung huet elo d'Wuert. Den Här Minister Halsdorf, wann ech gelift.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz vum Aménagement communal vun 2004 hat jo eng nei Philosophie an d'Urbaniséierung vun eise Gemenge bruecht. 67 Joer hat d'Gesetz vu '37 gedauert, deem de Jean-Pierre Klein haut e bëssen nogetrauert huet. Mä mat deem neie Gesetz hu mer eng Hierarchie kritt, an zwar déi, dass de PAG exekutéiert gëtt duerch d'PAPen, fir ebe Schanddaten oder Sënnen, wéi et se dobausse gëtt, urbanistesche Sënnen ze vermeiden, an och déi Nullachtfünfzehn-Lotissementer, wéi et der genuch am Land gëtt, fir och domat opzehéieren.

Duerfir ass dat iwwerschaffent Gesetz, wat haut hei ofgestëmmt gëtt, wat ech d'ailleurs annoncéiert hu bei deenen Ännerungen, déi mer virdru gemaach hunn. Ech hunn ëmmer gesot: „Mir setzen eis eng Kéier zesummen an da maache mer wirklech ee gutt iwwerschaffent Gesetz.“ An ech wëll direkt dann och elo soen, dass ech all deene vun der Chamberskommissionen wirklech Merci soe fir déi konstruktiv gutt Zesummenaarbecht, déi mer hatten.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass, wa mer an e puer Joer e Bilan maachen, dee sécherlech net wäert esou schlecht ausfallen, well dat Gesetz hei beriff sech op déi Grondphilosophie, déi richtig ass an déi ubruecht ass. Well mir versiche jo, d'Applikatioun oder d'Applicabilitéit an d'Praticabilitéit ze verbessern, fir eben esou méi eng effizient Organisatioun vun dem Gemengenterritoire ze kréien. An dat geet natierlech och nëmmen, wann déi Gemengeresponsabel d'accord sinn an déi Entwécklung am Esprit vum Gesetz weiderdreiven.

De Wee sécherlech, dee war laang. Mir hu vill nogelauschert. Et war schwierig, well vill Interessengruppen do sinn. Dat hu mer jo och de Mëtteg e puermol hei héieren. Mä den Terrain vum Urbanismus an eise Gemengen ass ee schwierigen Terrain, an et war net einfach, déi richtig Kompromësser ze fannen.

Mir hunn also op déi verschidden Acteure wirklech gelauschert. Dat waren: de Syvicol, d'Planer, d'Urbaniste si mat agebonne ginn, d'Architekten, déi justement dës Reform mussen an d'Praxis ëmsetzen. An hir Erfahrung an Iwwerleeunge si wesentlech - ech soen dat kloer: wesentlech! - an deen neien Text agefloss.

Datselwecht gëllt d'ailleurs och fir d'Reglementer. Et ass net esou, wéi de Mouvement écologique elo kierzlech an engem Communiqué geschriwwen huet, dass mir dat Ganzt géifen iwwert de Knéi brieche, mä mir hu mat de Beruffsverbänn, mat de Gemenge geschwat. De Contraire ass wirklech wouer, an ech wäert och herno kuerz dorop agoen. Ech mengen, den Här Gibéryen huet dat jo och opgeworf. Ech wäert dat och maachen.

Ech soen eppes: Ech sinn dovun total iwwerzeegt, dass et wuel selten esou war, dass groussherzoglech Reglementer esou akribesch mat allen Acteuren diskutéiert goufen oder ausgeschafft goufe wéi dës Kéier. Duerfir wëll ech hinnen och Merci soen: dem OAI, der Aula, dem Syvicol, déi während ronn zwee Joer beim

Opstelle vun dësen Texter bis an den Detail mat begleet hunn. Wéi gesot, ech kommen dorop ze schwätzen.

Et ass haut och opgeworf ginn, et sinn net vill Gemengen, déi et fäerdeg bruecht hunn, effektiv mam Gesetz vun 2004 hir PAG-Prozedur fäerdeg ze maachen. Sechs un der Zuel: Esch-Sauer, Bäerdref, Réimech, Conter, Walfer a Stengefort. Eng Gemeng huet e Vote définitif, Schëffleng; eng Gemeng e Vote provisoire, Kie-len. An da sinn aacht Gemengen, wou den Avis vun der Commission d'aménagement do ass: Dat ass Schengen, Manternach, Noumer, Reisduerf, Eschweiler oder Eeschweiler, Dippech, Béiwen un der Atert a Mompech. An dann nach zwou Gemengen, wou den Dossier erakomm ass: Dat ass d'Gemeng Réiser an d'Gemeng Nidderaanwen.

Sécherlech, bei deenen zwou leschten ass d'Fro opgeworf ginn notament iwwert déi sougenannten „strategesch Umweltprüfung“, déi jo am Fong geholl nei agefouert ginn ass iwwer eng Direktiv op den 22. Mee 2008 hei zu Lëtzebuerg, gesetzlech. Dat ass eng Problematik, déi net einfach ass, well wéi mer gesot hunn, wann et esou eppes gëtt, eng „strategesch Umweltprüfung“, muss déi iwwerhaupt bei PAGen agesat ginn? Mir sinn zur Konkusioun komm: jo.

Da kënnt d'Fro: Wéini muss se agesat ginn? Muss se agesat ginn, ier ech d'Prozedur maache vum Aménagement communal? Ka se während der Prozedur agesat ginn? Wéi eng PAGen, wéi eng Bebauungspläng falen drënner? Déi, déi virdru am Fong geholl schonn an der Prozedur waren, mussen déi nach eng SUP gemaach kréien oder net? Dir gesitt, dat war also eng problematesch Geschicht. An dat erklärt och warscheinlech, firwat dass net méi Gemengen oder dass esou wéineg Gemengen, 19 un der Zuel, sech bis elo mat deem Gesetz, wat mer haten, vläicht op den Instanzewee beginn hunn.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Mä et sinn awer och aner Problemer, déi opgefall sinn. Zum Beispill Problemer, wou d'Bierger opgeworf hunn, wou d'Büroen opgeworf hunn, d'Interpretatioun vum Gesetz, den Artikel 27, deen huet och vill Froen opgeworf.

Last but not least nach eng Kéier, wat och de Mëtteg scho gesot ginn ass, d'Plans sectoriels sinn och ugefouert ginn a gesot ginn: Wéi sollen déi Plans sectoriels am Fong geholl an d'Gesetz affléissen? Dat ass wirklech eng Fro gewiescht, déi mer och geléist hunn, mengen ech, well mir hunn et fäerdeg bruecht, zesumme mam Aménagement du Territoire, mat der Landesplanung vum MDDI, also vum Ministère du Développement durable et des Infrastructures, eng kloer Démarche opzestellen, déi also ofgeschwat ass a wou mer mengen, dass mer do, wat dee Volet ugeet, och an Zukunft eng kloer Linn wäerte kréien.

E wesentleche Problem war awer besonnesch deen, dat war fir d'Bauen am Bestand, also am Tissu bâti, fir dat am Fong geholl hinzekréien. Well mam Gesetz vun 2004, den Här Gira hat déi Fro opgeworf, hate mer jo déi Kritäre festgeluecht fir d'Bebaubarkeet a bestehende Quartieren, fir dat ze maachen. An do hu mer missen am Fong geholl dat besonnesch bei PAPe maachen, an déi waren am Artikel 27 opgefouert. Majoritär ass dat esou interpretéiert ginn, dass ee misst permanent e PAP maachen. Anerer soen, et muss een net permanent ee maachen. Gutt, et war do eng gesetzlech, géif ech soen, Onkloerheet, an déi hu mer, mengen ech, geleist kritt mat dësem Projet de loi.

Mir hunn et och fäerdeg bruecht do, wou d'Schong eis am meeschten drécken: An den administrative Prozeduren ass et eis, mengen ech, gelongen, dat Wuert „simplification administrative“ mat Inhalter ze fëllen. Mir hunn d'Approbatiounsdeläie vun de PAPen an de PAGen, also de Bebauungspläng an den Deelbebauungspläng, erofgesat, andeem mer eng besser Vernetzung gemaach hu mat de Prozedure vum Émweltberäich, a mir hunn esou och d'strategesch Umweltprüfung an d'Prozedur vum PAG integréiert, an den Avis vum Émweltminister kënnt an der Prozedur vum Aménagement communal. Doduerch kréie mer eng méi schnell, eng méi kohärent an eng méi einfach Prozedur.

Am Detail hu mer also Folgendes gemaach: Éischtens, am Tissu bâti, wéi ech et virdru gesot hunn, am Baubestand hu mer et fäerdeg bruecht, doduerch, dass mer elo déi Prozedur vun dem PAP an deene Quartiere parallel geschalt hu mat deem vum Bebauungsplang - oder anescht ausgedréckt, mir definéiere scho beim Opstelle vum Bebauungsplang, wéi an dem Tissu bâti gebaut gëtt -, kënnen herno direkt vum Buergermeeschter d'Baugenehmungen ausgestallt ginn. Mir spueren also do eng Étapp, mir wanne vill Zäit, mir kréie manner Prozeduren. An dëse Quartieren, déi souge-

nannten „quartiers existants“, ass d'Baugenehmung also elo d'Regel. Dat ass ganz wichtig.

Zweetens hu mer den Délai, bis e Bebauungsplang ugeholl gëtt, och erofgesat, andeem mer éischtens - et ass de Mëtteg scho gesot ginn, mir hunn och an der Chamber doriwwer diskutéiert -: Déi Zäit, wou d'Commission d'aménagement respektiv de Minister hunn, fir déi Projeten ze kucken, war soss sechs Méint. Déi hu mer op véier Méint erofgesat kritt. An et ass ganz wichtig, dass mer also do zwee Méint wannen. Gradesou wichtig ass et awer och, wann déi Avisen net do sinn, da kann d'Prozedur weidergoen. Dat ass ganz wichtig. Sou kréie mer also keng Blocagé méi do. An ech mengen, dass dat dee richteg Wee war.

Bei PAGe kënne jo d'Leit reklaméieren. Si mussen obligatoresch convoquéiert ginn. Mä et ass awer net, se mussen awer net obligatoresch dohinnergoen. Dat heescht, wann et freier esou war, dass een net komm ass, dann huet de Schäfferot nees misse reconvoquéieren a reconvoquéieren, bis d'Persoun komm ass. Dat ass haut net méi. Do kënne mer also och e classeschen, do kënne mer also och e Blocage vermeiden.

A schliesslech ass de Vote provisoire, deen existéiert huet, ofgeschafft ginn. De Gemengerot gëtt elo nach just en Accord, fir dass déi Délébératioun, déi se geholl hunn, kann an d'Consultatioun goen. De Gemengerot beschäftegt sech nach just eemol inhaltlech mam PAG.

Duerfir ass d'Prozedur vun de PAGen - de Rapporteur, den Här Kaes, huet et gesot -, déi haut bei 24 Méint läit, wann op all Niveau reklaméiert gëtt, wéi d'Gesetz dat erlaabt, brauch haut e Bebauungsplang 24 Méint. Muer, wann dat neit Gesetz do ass, also nom 1. August, wäert dat nach 14 Méint maximal sinn. Mir hunn also do zéng Méint praktesch gewonnen. A wa keng Reklamatioun komme bei engem PAG, wann et méi kleng Geschichte sinn, da kënnt souguer e PAG an zwee Méint iwwert d'Bühn sinn. Dir gesitt also, dass dat e flott Resultat ass, wat mer do fäerdeg bruecht hunn.

Datselwecht ass bei de PAPen. Do hu mer et och fäerdeg bruecht, d'Prozedur méi kleng ze maachen. An ech wëll dem Här Gira soen, wann e PAP an enger Gemeng gemaach gëtt an et ass e grouse mat 60 oder nach méi Haiser, da gëtt normalerweis emol virdru mam Buergermeeschter geschwat an eventuell och informell mat der Kommission, ier deen op den Instanzewee geet. Also, mengen ech awer, dass, wann do wirklech en Dialog besteet tëschent de Promoteuren, tëschent de Bauhären, tëschent de Gemengen an tëschent dem Ministère, da kann een awer wirklech och mat enger reduzéierter Prozedur weider wirklech anstänneg PAPe maachen.

Déi Prozedur hu mer elo. Mat deem Wee, dee mer hei gesicht hunn, hu mer och am Fong geholl aacht Méint gewonnen. Mir hunn et esou gemaach, dass d'Consultatiounen och parallel geschalt ginn. Dat heescht, déi Cellule d'évaluation, déi am Ministère ass, déi elo an der Commission d'aménagement ass, déi huet dräi Méint Zäit. An dann d'Enquête publique dauert 30 Deeg, wou d'Leit kënne reklaméieren.

Mä zousätzlech hu mer awer et esou gemaach, dass net méi muss, dass am Fong geholl d'Reklamanten net méi musse gehéiert ginn. An d'Méiglechkeet, fir beim Minister ze reklaméieren, déi ass ofgeschafft ginn. Mir sinn der Meinung, ech sinn der Meinung, dass d'Rechter vun eise Biergerinnen a Bierger bestoe bleiwen. Si ginn net beschnidden, well entrets ass et jo esou, dass Recours kënne bei den administrative Gerichter gemaach ginn, wat et virun 1996 net gouf. Also nom 37er Gesetz gouf et déi Méiglechkeet net.

Also 18 Méint haut bei enger Prozedur vun engem PAP, wou maximal reklaméiert gëtt, sinn haut nach just maximal zéng Méint, wou esou e PAP an der Prozedur bleift. A wa keng Reklamatioun bei engem PAP sinn oder wéineg, da kann dat bis op fënnf, sechs Wochen, a fënnf, sechs Woche kann en Teilbebauungsplang schonn iwwert d'Bühn sinn.

Da wëll ech nach eng Kéier soen, dass doduerch, dass mer d'SUP parallel geschalt hunn, déi strategesch Umweltprüfung aus dem Gesetz vum 22. Mee 2008, mat der Prozedur vum Aménagement-communal-s-Gesetz, kréien d'Leit d'Méiglechkeet, op där enger Säit 30 Deeg ze reklaméieren an der Prozedur vum Bebauungsplang a 45 Deeg an der Prozedur vum der SUP. Et ass also och e Parallelismus. Do wanne mer Zäit.

Wichtig ass och - dat ass haut nach net gesot ginn, duerfir soen ech et nach eng Kéier -, dass mer bei engem sougenannten Teilbebauungsplang, engem PAP, den Exekutiounsprojet, fir dee PAP ze exekutéieren, mat der Konventioun zesummeféieren. Doduerch wanne mer och

nees eng Kéier Zäit. Doduerch, dass mer vu sechs op véier Méint erofgi mat den Avisen, wanne mer Zäit.

Also, Dir gesitt, hei si vill - wéi géif ech soen? -, vill Elementer beieneebruecht ginn. An ee wichtegt Element, mat dat wichtegst ass dat, dass elo den Innenminister an den Émweltminister deeselwechte Moment hir Décisioun huelen. Dat war bis dato net de Fall. Duerfir hate mer zum Beispill zu Ettelbréck oder zu Schieren PAPen, wou d'Décisiounen jorelaang ausernee waren, wat décke Kuddelmuddel bruecht huet, juristesche Kuddelmuddel, dat gëtt et elo net méi.

Also, ech menge wirklech, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, de Minister zesumme mat der Kommission, hei eppes ze ficeléieren, wat an deem Beräich eng Verbesserung wäert bréngen.

Eng aner grouss Verbesserung fir mech ass awer och eis Commission d'aménagement, déi nei Commission d'aménagement, déi steet och fir eng administrativ Vereinfachung. Deen neie Modell, dee mer elo hunn - et ass schonn ugeschwat gi vu verschiddene Riedner -, deen ass mat der Chamberskommissionen ausgeschafft ginn.

Ech mengen, dass déi nei Kommissionen méi Kohärenz huet, dass dat praktesch e Paradigmewiessel ass. Si ass méi kleng, si ass méi flexibel, si passt sech vill besser de Gegebenheeten un, si ass permanent, an duerch hir Ausrichtung a Konzeption kréie mer och eng Vereinfachung an der Zesummenaarbecht, well hei hu mer also et fäerdeg bruecht, dass déi Kommission net nëmmen, wéi et bis elo war, d'PAGen, d'Bebauungspläng, kuckt, mä och d'PAPen, och d'Teilbebauung.

Och wa mir eng Hierarchie hunn, ass et awer wichtig, dass een déi zwee kennt, well da weess déi lénks Hand, wat déi riets mécht. An hei wësse mer elo dann, well an deeselwechte Gremium déi zwee gekuckt ginn, ass et wichtig, dass ee weess, wat am PAP a wat am PAG geschitt, wat bis elo de Fall net war.

Mir si vu siwe Leit an der Kommission op fënnf Leit erofgaangen; de President, de Vizepräsident an déi aner Memberen am Sekretariat, déi sinn elo haaptberufflech, dat ass ganz wichtig. Mir hunn eng schlank Struktur mat manner Leit, dat bedeit och manner Bürokratie. An doduerch, dass déi Leit haaptberufflech dat maachen, hu mer en institutionaliséiert Organ, wat ëmmer disponibel ass, wat accessibel ass fir d'Gemengen an och d'Initiateure vu Privatprojeten.

Déi Institutionaliséierung, dat heescht och Kontinuitéit, Kontinuitéit an der Präsenz, an dat bedeit och, dass d'Aarbechte wäerte permanent weidergoen, mir kréie keng Temps-morté méi, ech géif soen, déi Leit sinn ëmmer disponibel. A sou ass et, wann et néideg ass, kann d'Kommission eng Plattform duerstellen, fir an engem fräie Stadium vun engem Projet schonn Divergenzen tëschent verschiddene Statsverwaltungen, déi concernéiert sinn, aus dem Wee ze raumen. Dëst ass eng Approche, ech géif se nennen „guichet unique“.

A grad do kann ech op dat agoen, wat den Här Etgen gesot huet. Hien huet d'Fro opgeworf: Jo, déi ganz Geschichte mam Waasser, firwat hu mer dat net hei an d'Gesetz gemaach? Ma ech stelle mer vir, dass, wann dat heiten, déi Kommission, gutt fonctionnéiert, da ginn all déi Elementer, déi bei engem PAG respektiv bei engem PAP spillen, hei opgeworf, wou Autorisatiounen sinn, an da kënnen déi do horizontal diskutéiert ginn.

Déi gi mat an den Avis erabruucht, mat an d'Diskussionen erabruucht, an da verléiere mer weider keng Zäit, da geet dat schéi kohärent, horizontal aus der Kommission eraus, sou dass ech mengen, dass dee Modell, dee mer hei am Fong geholl opgestallt hunn, doduerch, dass e wéi e Guichet unique fonctionnéiert, wirklech eng Vereinfachung ka bréngen.

D'Optioun, déi Dir opgefouert hutt, déi hu mer deemools verworf, well mer gesot hunn, mir hätte gär alles, wat Waasser ass, an engem Gesetz. An ech mengen, dass dat och net falsch ass, well wa mer dee Wee ginn, wou Dir elo sot, da misste mer och mengetwegen d'Permission de voirie, da misst déi och an dat Gesetz hei kommen. An da missten déi Dispositiounen vum Kommodo a vun der Émwelt och heira kommen. An dat si lauter individuell Genehmigungen. Ech mengen, dass dee Wee hei, dee Modell hei, dass dee sech bewähre wäert an dass dat richtig ass, wat mer hei opgestallt hunn.



Well wann esou Fäll sinn, kommen d'Experte vun de Verwaltungen dohinner. All potenziell Acteure gi mat agebonnen, an ech denken effektiv un d'Waasserwirtschaft, un den Environnement, u Ponts & Chaussées, all déi Leit, déi sinn hei concernéiert. Mä och de Kulturministère ka concernéiert sinn iwwer Sites et Monuments, den Transport iwwer Travaux publics a last but not least och de Syvicol, wou d'Gemengen och mat an där Kommissioun um Dësch sëtzen.

A schlussendlech nach eng Neierung ass de Vizepräsident, dat muss e Vertrieeder si vum Département vun der Landesplanung, fir dass och hei gekuckt gëtt, dass d'Virgabe vun der Landesplanung, déi jo besonnesch an de sektorielle Pläng sinn, och hiren Nidderschlag fannen. Mir kréien also hei eng ofgestëmmten, harmoniséiert Planung tëschent dem Stat an tëschent de Gemengen, an déi national landesplaneresch Iwwerleeunge ginn hei kohärent an déi lokal Gemengen-Urbaniséierung aflësse gelooss. Ech mengen, dass dat ee gudder Modell ass, dee gutt wäert funktionnéieren.

En anert neit Element, wat och nach net vill ugeschwat ginn ass, ass dat vum Schéma directeur. Bis elo hate mer e Plan directeur. Dee Plan directeur, dat ass en Element gewiescht vum PAP, vum Teilbebauungsplang, an deem ass am Wesentleche vu Promoteuren a vu Privatleit ausgeschafft ginn. D'Aufgab war, fir an deenen neie PAPen déi zukünfteg Baulanderschleissung ze orientéieren, do Virgaben ze maachen, déi konkret sollte weisen, wéi d'Notzung, d'Erschleissung, Gréngflächen an esou weider, wéi déi géife gemaach ginn, fir eng optimiséiert Notzung vum Raum ze kréien.

Mä fir dat an d'Hänn vun de Gemengen ze ginn, mengen ech, dass ass richtig, e Niveau driwwer, well hei kréie mer eng global Vue, hei kréie mer déi urbanistesche Iwwerleeungen, déi gi virrangeg. An d'Ausarbechten, déi wäerte sech an deem Sënn esou maachen, dass dann an Zukunft, net wéi et bis elo war, a wat ech och normal fannen, dass vläicht, wa Privatleit esou Pläng ausschaffen, éischter wirtschaftlech Iwwerleeungen a perséinlech Interesse wäerte beim Schaffen a Plange virrangeg sinn. Hei wäerten urbanistesche Iwwerleeungen dann de Virrang kréien.

Doduerch kréie mer eng Planungschoheit vun de Gemengen, déi gëtt heimat wesentlech confirméiert. Déi urbanistesche Qualitéit an de Gemenge wäert sech verbessern, an dat erlaabt dann och de privaten Investisseuren eng Verbesserung, well da wësse se kloer, wat op se zoukënn. Dat heescht, et ass fir si och méi einfach, fir hir Suen am Fong geholl ze investéieren a fir dann e Projet ze realiséieren.

En anere Punkt, deem ugeschwat ginn ass, deem ech kuerz wollt uschwätzen, dat ass deen, deen de Camille Gira notament ugeschwat huet vun den Objektiver vum Gesetz, wou mer d'accord waren, fir déi rationell Notzung vun der Energienotzung, vun der erneuerbarer Energie an och Energiespueren an d'Gesetz ze setzen. Ech fannen, dat ass eng richtig Dispositioun. An der Regierung ware mer där Meinung och, mat de Minister Schank a Wiseler. Dat ass richtig, well d'Gemenge mussen eis hëllefen, dass mer d'Kyoto-Ziler erreechen. Duerfir war dat schonn och richtig, dëst an eist Gesetz hei eranzebréngen.

Sou kann, zum Beispill, d'Energieeffizienz, déi soll an de Bautereglementer vun deenen eenzelne Gemengen do preziséiert ginn. Mir hunn also eng kloer Démarche do, wéi dat soll weidergoen.

D'Verlängerung vun den Délaien: Dir wësst, den 8. August 2011 war den Délai. Ech mengen, well déi Problemer ware mat de strategeschen Umweltprüfungen, mat de Plans sectoriels, fannen ech et normal, well mer hei Neiland hunn, well mer keng Erfahrungswärter hunn, dass een hei éischter virsiichteg virgeet, dass een näischt iwwert de Knéi brécht an dass een de Gemengen zwee Joer gëtt, méi gëtt, fir am Fong geholl hir PAGen ze realiséieren. Ech ginn och dovun aus, dass a praktesch all Gemenge wuel d'Virarbechte fäerdeg sinn. Den Délai vun 2013 kann ee realistesch considéieren, mä si kréien awer d'Méiglechkeet, zweemol ee Joer ze verlängeren, wa se e motivéierten Avis eragin.

Dann nach just e puer Wieder iwwert d'Reglements grand-ducaux, wou ech virdru gesot hunn, et ass exzeptionell, dass mer d'Gesetz mat den Exekutivsreglementer hunn, well meeschtens ass dat net esou. Et gëtt oft vun der Opposition gefuerdert. Mir gesinn also d'Dispositiounen, wéi se solle funktionnéieren, an déi goufen och en long et en large mat den institutionaliséierte Partner élaboréiert.

Ech well eng Kéier da verschidde chronologesch Datume bréngen, fir ze weisen, wéi mer fonctionnéiert hunn. Op enger Journée de réflexion am Mee 2009, virun zwee Joer also, ass mat de Membere vun der Commission d'aménagement, mam OAI, mat der Aula, mat der Chambre des Métiers, mat der Stad Lëtzebuerg an der Stad Esch geschwat ginn, diskutéiert gi betreffend dës Règlements grand-ducaux an och betreffend d'Gesetz. Duerno ware Sitzungen, an zwar vum Dezember 2009 un, well deemools hu mer schonn déi Avant-projets de règlements grand-ducaux un déi Leit geschéckt.

Also Dezember 2009, virun 18, 19 Méint, sinn déi Reglementer, déi mer elo fäerdeg hunn, un déi Leit geschéckt ginn, an de Mäerz 2011 ass den Avis vun der Chambre des Métiers gefrot ginn, dee krute mer dëst Joer am Juni. Firwat si mer net éischter heihinnerkomm?, dat ass de Mëtteg opgeworf ginn. Majo, den Avis vum Statsrôt war eréischt do am Juli, an zwar de 7. Juli 2011, duerfir konnte mer net éischter domat eraus. An de Syvicol ass kloer mat agebonne ginn, well hien huet säin Accord ginn den 9. Mee 2011.

Dir gesitt also, chronologesch huet dat geklappt, iwwer zwee Joer hu mer déi Reglementer an der Prozedur gehat. An ech fannen et schonn e staarkt Stéck, ech fannen et kee gudder Stil fir de Mouvement, wann de Mouvement schreift, mir géifen alles duerchbaatschen, an ech fannen et och kee gudder Stil iwwerhaupt, wéi de Communiqué geschriwwen war a wéi dat Ganz do iwwert d'Bühn gaangen ass. Wa mir esou fonctionnéiert hätten ennereneen, wéi an deem Communiqué hei, da wiere mer net esou wäit komm!

Ech sinn der Meinung, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, mat dësem Reglementer, mat dësem Gesetz, wou mer ëmmer de Prinzip vun der Simplification administrative groussgeschriwwen hunn, duerfir hu mer an de Reglementer keng Double-emploien, an duerfir wäert ech den nächste 14. Juli an enger Sitzung am Ministère mat dem Mouvement écologique hinnen Detailer ginn iwwert déi Reglementer.

Wann d'Chamberskommissioun d'accord ass, sinn ech och nach d'accord, nom 14. Juli mat hinnen eng Kommissioun ze maachen, fir hinnen och ze weisen, dass déi Virwërf, déi hei kommen, am Fong geholl net richtig sinn.

Et gëtt gesot, mir missten Tester maache vun de Reglementer. Ma mir hunn Tester! Siwe Joer sinn déi Reglementer elo a Betrib, kann ee soen, a mir hunn déi Reglementer erausgeholl, duerfir brauche mer hei net laang Tester ze maachen. An ech mengen, et sollt ee kucken hei konstruktiv weider zesummenzeschaffen. Mir hunn déi Reglementer nach eng Kéier mam Brëll gelies vum Mouvement a mir sinn zur Konklusioun komm, dass se gutt a kohärent sinn.

Ech kann lech soen, ech wäert och am Hierscht, wann et... jo, am Hierscht, wann d'Gesetz rechtskräfft ass, op d'Gemengen zougoen, si informéieren, communicéieren. Ech sinn net d'accord mat deenen, déi soen, mir hätten net gutt communicéiert déi leschte Kéier. Et war eng nei Matière, et war eng schwierig Matière, et huet net jiddweree se direkt verstanen. Mir hunn eist Bescht gemaach, mir wäerten och elo eis Bescht maachen.

An duerfir nach eng Kéier ofschléissend Merci dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport. Merci nach eng Kéier un d'Chamberskommissioun, ech hat dat virdru scho gemaach, alle Leit aus dem Ministère an de Verwaltungen, déi eng Hand mat ugepaakt hunn, och deenen Organisatiounen an Institutionen, déi duerch hir konstruktiv a proaktiv Mataarbecht zum Ausschaffe vun dësem Projet bäigedroen hunn.

Ech sinn der Meinung, dass mer mat dësem Gesetz e Stéck ginn a Richtung vun engem Lëtzebuerg, ee Land mat kuerze Weeër, doduerch, dass mer déi Simplification administrative aféieren, awer och doduerch, esou wéi et am IVL gefuerdert gëtt, wou gëtt am Land geschafft, wou gëtt am Land gewonnen. A mat dësem Gesetz, mengen ech, wou vill Erfahrungswärter aus de leschte siwe Joer agefloss sinn, wou vill Leit mat um Terrain geschwat hunn, gëtt et méiglech, d'Strategie um Terrain an der Proximitéit zesumme mat eise Gemengen op eng nohalteg, optimiséiert Fassong ëmzesetzen. Mir kréie mat dësem Gesetz e bessert Instrument, fir festzeleeën, wéi a wou hei zu Lëtzebuerg gewonnen gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Innenminister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun. Well awer do e Problem besteet, deen och virdru vum honorabelen Här Hoffmann hei opgeworf ginn ass, wat verschidden Erreurs matériels betrëfft, géif ech lech propo-

séieren, datt mer haut net géifen iwwert de Projet ofstëmmen, mä dat do nach eng Kéier a Rou haut de Mëtteg respektiv muer kucken, an da wier de Vote iwwert de Projet muer de Mëtteg.

Wann Der domat d'accord sidd, géife mer also de Vote op muer verleeën, well ech mengen, et wier elo net gutt, wa mer en Text géife stëmmen, wou herno nach déi eng oder aner Erreur matérielle mat dra wier.

7. Hommage à M. Jean Huss

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut de Mëtteg ass déi lescht öffentlech Chamberssitzung, un där eise Frënd a Kollege Muck Huss deelhält. Hien huet nämlech decidéiert, säi Mandat zur Verfügung ze stellen an domadder enger méi jonker Kolleegin d'Chance ze ginn, an d'Chamber nozeréckelen. Erlaab mir dofir, bei Geleeënheet vu senger leschter Sitzung e puer Wuert an all Ärem Numm un hien ze richten.

De Muck Huss huet seng éischt politesch Spore bei de Jonksocialiste verdéngt, wou hie sech haaptsächlech...

(*Interruption*)

...vun 1970 bis '78 fir eng méi ökologesch Komponent vun der sozialer Gerechtegkeet agesat huet. Well en d'Gefill hat, datt hie sech hei mat sengen Iddien net géif duerchgesat kréien,...

(*Interruption*)

...huet hien dann 1984 zesumme mat eise fréiere Kollege a Frënd Robert Garcia d'Gréng Alternativ Partei gegrënnt, mat där hien dann och datselwecht Joer an d'Chamber gewielt ginn ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Hien ass mat e puer weinigen Ennerbriechunge praktesch 23 Joer Member vun dësem Haus gewiescht an huet während all deene Jore seng Kompetenz an Erfahrung a ville Beräicher, mä ganz besonnesch an deene vun der Gesondheet an der Ëmwelt agesat.

Hien ass awer net nëmme an dësem Haus fir seng Kompetenz a säin Engagement geschat, mä och op internationalem Niveau, wou hie ganz besonnesch an der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe eng Rei Rapporte geschriwwen huet, déi vill international Resonanz kritt hunn. E Beispill heifir ass ee ganz rezente Rapport iwwert d'Schiedlechkeet vun den Handyen, dee vill, och an internationale Medien, diskutéiert ginn ass.

De Muck Huss huet awer och um eegene Leif erfuer, wat Amalgam fir Konsequenzen op d'Gesondheet kann hunn, an hien huet vun deem Moment u sech onermiddlech derfir agesat, d'Öffentlechkeet fir d'Ëmweltbelauschtingen a verstoppte Geforen ze sensibiliséieren. Déi logesch Konsequenz heivun ass dann och säin Asaz an der Associatioun „Akut“, där hire President hien ass, an déi sech ganz besonnesch asetzt fir méi öffentlech Sensibiliséierung, fir op déi negativ Konsequenze vun Amalgam op d'Gesondheet vun de Mënschen opmierksam ze maachen.

Ganz besonnesch op dësem Gebitt ass de Muck Huss net midd ginn, och an eise Haus ëmmer erëm op d'Gefore vu verschiddene Produiten anzegoen. An hien huet sech iwwer Joren an dësem Beräich zu engem unerkannten Experte eropgeschafft.

Perséinlech hunn ech de Muck Huss kennen an apprécieiere geléiert als laangjährege Member vun der COSAC an duerno vun der OMC-Delegatioun vun der Chamber. Och hei huet hie sech iwwer Jore mat deem fir hien typesche Fläiss an Engagement an Dossiererageknéit, déi virdrun net onbedéngt zu senger Prioritéit gehéiert hunn.

Nieft deene ville gudden Eegeschafte vum Muck Huss gëtt et awer eng, déi mech ëmmer erëm perséinlech beandrockt, nämlech déi, datt, wann hie sech an en Dossier erageknéit huet, hien deen net méi lassléisst...

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - ...a fir seng Ziler an Idealer kämpft, bis datt hien dat erreecht huet, wat e sech virgeholl huet. Hie mécht dat ëmmer erëm mat enger Begeeschterungsfaegkeet, déi an deene leschte Joren a Méint nach kee Millimeter nogeloooss huet, wann ech mech nëmme u seng Interventioun virun e puer Deeg an dësem Haus erënneren.

Dëst huet dann och an der Vergaangenheet derzou gefouert, datt, wann eise Frënd Muck Huss op der Riednertribün sech mat engem vun dëse Sujeten auseruesetzt, déi him besonnesch um Häerz leien, hien dat mat esou enger Begeeschterung mécht, datt een als President

heiansdo seng Problemer huet, fir hien a sengem Wortschwall ze bremsen. An och déi routste Luucht bréngt hien net dervun of, um Riednerpult seng Gedanken op en Enn ze bréngen.

De Muck Huss huet also decidéiert, sech zrëckzezéien an domat enger Kolleegin d'Chance ze ginn, an d'Chamber nozeréckelen, an domat och eppes ze maachen, datt den Undeel vun de Fraen an dësem Haus eropgeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Léiwe Muck, vu muer u geet eng nei Etapp an dengem Liewen un. Du hies decidéiert, dech erëm méi an der Gemeengepolitik ze engagéieren, an där Stad, déi dir ganz besonnesch um Häerz läit, nämlech Esch. Derniewent wäerts du dech sécherlech weider asetze fir déi Themen, déi dir besonnesch um Häerz leien, an hei denken ech an éischter Linn un d'Ëmweltmedezin.

Ech sinn iwwerzeegt, datt s du dech gradesou wéi an der Chamber mat deemselwechten Engagement och hei wäerts asetzen, a mir wäerte sécherlech an Zukunft nach vill vun dir an deem Gebitt héieren. Ech hoffen awer och perséinlech, datt dän Agenda vläicht an deenen nächste Wochen a Méint e bësse mainer gefëllt wäert sinn, esou datt s du dech erëm e bësse méi dengem anere groussen Hobby, denge Gäert, déi dech sécherlech an der leschter Zäit e bësselche vermësst hunn, kanns méi intensiv zouwenden.

Mir sinn op jidde Fall houfreg, dech als kompetenten Deputéierten esou laang an eise Reien hunn dierfen ze zielen, a mir wënschen dir all Guddes an hoffen, datt nach all deng Wënsch, déi s du hues, souwuel privat wéi politesch, sech wäerte realiséieren. Mir wäerten dech sécherlech vu muer un alleguerten e bësselche vermessen a sinn iwwerzeegt, datt mer dech op anere Plazen an Zukunft erëm wäerten erëmgesinn.

Merci, Muck, an „bonne chance“!

(*Applaudissements*)

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Merci, Här President, fir déi schéi Wieder a fir déi positiv Aschtzung vu mengen Aktivitéiten hei an der Chamber. Ech halen haut also, well ech an d'Pensioun ginn, meng lescht Ried hei op dëser Tribün. Ech hat menge Parteikolleeginnen a -kollege virun de Wahle gesot, datt ech net sécher wier, ob ech déi ganz Legislaturperiod géif bleiwen. Haut, no zwee Joer, maachen ech elo dëse Schrëtt, dee mer net lichtfält, a vu muer u wäert meng Kolleegin, d'Josée Lorsché, mech an der Chamber ersetzen.

Kolleeginnen a Kolleegen, mat 64 Joer un d'Pensioun ze denken, dat dierft am Fong bal jiddwereen als normal emfannen, och wann dat net automatesch esou muss sinn. Hei am Sall sëtze Kolleegen, déi souguer eng Partie Jore méi al si wéi ech, an trotzdem gehéiere si deelweis zu den Aktivisten an eise Kommissiounen an hei am Plenum.

Wann ech also mäin Abschied hei huelen, dann huet dat net haaptsächlech mat mengem Alter oder mat Gesondheet ze dinn, mä éischter, wéi Der gesot hutt, mam Fait, datt ech schonn zënter '84, also ronn e Véiersjorhonnert, hei sëtzen. Ech sinn der Meinung, datt ech hei um parlamentareschen Niveau eigentlech genuch erreecht hunn, an ech gesinn elo hei fir mech keng nei Herausforderungen, deenen ech mech wéilt oder kéint stellen.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech ufanks den 80er Joren zesumme mam Robert Garcia en Appel lancéiert hat, fir eng gréng Partei ze grënnen, an dunn 1984 fir d'Éischt gewielt gouf, war ech zimlech staark engagéiert a verschiddenen ONGen. An dat ass eng politesch Aarbecht, déi ech no mengem Départ hei natierlech erëm wäert verstärkt op huelen.

Ech wäert mech also kengesfalls aus där aktiver Politik zrëckzéien, dat kann ech guer net. Am Géigendeel! D'Kommunalwahle sti virun der Dier, an ech wëll mech, wéi Der gesot hutt, eng leschte Kéier zu Esch a fir Esch engagéieren. An ech denken doriwwer eraus och drun, fir mech vun Zäit zu Zäit, wann et muss sinn, och iwwert d'Press oder d'Medien zu nationalen oder europäeschen Themen zu Wuert ze mellen, iwwer Tribune-libren oder Carte-blanchen, selbstverständlech an éischter Linn zu Theme wéi Ëmwelt a Gesondheet, mä zum Beispill och zu de politeschen Hanergrënn vu villen Entwécklungen, déi haut an Europa ganz schiflafen.

Här President, wa muer den Nomëtteg meng Kolleegin Josée Lorsché hei vereedegt gëtt, da wäert dës Chamber net nëmme eng ganz aktiv an engagéiert Deputéierten derbaikréien, mä et wäert - wat jo méi wéi positiv ass, Dir hutt et ervirgehuewen - dann och eng Fra méi an eiser Fraktioun an och hei an der Chamber sinn. D'Josée Lorsché wäert, dovun sinn ech iwwerzeegt, säi Mandat op iwwerzeegend Aart a